

Prioritéite setzt. Mir mengen trotzdem, dass et e gudden Budget wier, e Budget fir d'Zukunft an dofir stëmme mer dësen Budget.

Ech soen Iech merci!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Krecké agedroen.

Ech gesinn, d'Mme Minister Erna Hennicot-Schoepges hätt gär d'Wuert.

6. Dépôt d'un projet de loi

Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics.- Merci, Här President! Ech sinn duerch Arrêté vum 23. November vum Grand-Duc autoriséiert, de Projet de loi ze déposieren iwwert de Réaménagement vun der Kräizung vun der A4 op d'Märeler Strooss:

- *projet de loi 4738 relatif au réaménagement du carrefour formé par l'A4 (route d'Esch-sur-Alzette à Luxembourg) et la rue de Merl moyennant construction d'un giratoire avec passage souterrain à 4 voies.*

M. le Président.- D'Chamber hält Akt vum Dépôt vun engem Projet de loi duerch d'Bauteministesch, d'Mme Erna Hennicot-Schoepges.

Den Här Jeannot Krecké huet d'Wuert.

7. Projet de loi 4700 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour l'exercice 2001 (Suite)

Discussion générale (Suite)

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dee Budget hei, laut den Assoe vum Rapporteur, sollt u sech historesch sinn.

Dat eenzegst Historescht, wat ech konnt feststellen, ass dass en zoufälleg op d'Joer 2000 fällt. Well dat vläicht e bësschen e symbolesche Charakter huet, kann en doranner Recht hunn. Dass en awer elo historesch wär, nëmmen doduerch dass en elo endlech an Euro ausgedréckt ass, do muss ech soen, dass dat mer awer nu wierklech net duergeet.

De Verglach, dee mer ustellen - Dir hutt et selwer gesot - mat deenen Zuele vu virdrun ass schwéier, ass a mengen Aen zu deem Zäitpunkt nach net noutwendeg gewiescht, well ee sech nach net dru gewinnt huet, fir an Euro ze denken am Moment. Elo kann ee soen: Mir wëllen Iech esou wäit kréien, fir an Euro ze denken. Mä, Här Minister, ech wëll Iech soen, et gëtt e gutt Beispill an dat ass d'Stad Lëtzebuerg. Déi hunn hire Budget och an Euro ausgedréckt, mä se hunn en dernieft och nach eng Kéier a Lëtzebuerg Frang gemaach, fir dass e bëssche méi Kloecheet herrscht an

de Chifferen an een net bei all Zuel muss d'Maschin huelen, fir nozerechnen an de Verglach ze maache mat deem, wat virdru geschitt ass.

Wann dat d'nächst Joer de Fall ass, da wësse mer, dass definitiv Schluss ass mam Lëtzebuerg Frang an da versteet een dat och éischter. Hei géif ech soen, dass Der souguer a Contradictioun sidd mat deem, wat Der selwer an enger Brochure - Préparation des Administrations publiques luxembourgeoises à l'introduction de l'Euro - gesot hutt. Et ass vun Iech oder vum Finanzminister - ech weess dat net méi sécher - signéiert. Do steet: „Les traitements et les comptes internes des administrations restent en luf jusqu'à la fin de cette phase.“ Bon, Dir hutt elo décidéiert, dat anescht ze maachen...

(Interruption)

Jo, ech géif och soen, dass dat just an de Beräich vum Gadget anzestufen ass a mat Sécherheet keen historesche Moment ass. Här Graas, do sidd Der wahrscheinlech mat mir d'accord.

Historesch hätt e kënne sinn, well et deen éischte richtige Budget ass, wann ee sou wëllt, vun enger neier Majoritéit, net méi en Iwwergangsbudget. Et hätt kënne e Budget sinn, wou ee gewisen hätt, dass dës Majoritéit aus dem Schlof erwächt ass an endlech aus de Startlächer ass. Mä ech muss soen, ofgesi vun deem, wat Der virleet um Niveau vun de Steuerreduktiounen, entdeckt een nun awer wierklech näischt Historesches an Ärem Budget.

Wann ech dann op déi sougenannte Steuerreduktioun kommen, dann ass dat jo e laange Leidenswee gewiescht, well et war jo am Fong geholl emol net de Wonsch vun dëser Majoritéit, fir dëst Joer Steuerreduktiounen ze maachen. Hat se jo net an hire Regierungsprogramm extra ageschriwwen, dass se net dëst Joer, mä d'nächst Joer wëllt Steuerreduktiounen maachen? Hat se jo net beim Budget d'lescht Joer gesot, si wëllt u sech d'lescht an dëst Joer keng Steuerreduktiounen maachen, well se se am Joer 2002 wëllt maachen? Hat se jo dach net beim Débat iwwert den Etat de la nation gesot, dass se dat net wëllt?

(Interruptions)

Si hat gesot, si wëllt keng Steuerreduktiounen dëst Joer maachen.

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.- Mir kënne se och zréckzéien, wa se Iech ze schnell kënnt!

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Ech ka jo net dergéint sinn, soss hätt ech net och selwer Steuerreduktiounen deemools an haut virgeschloen.

(Interruptions)

Nach beim Réckbléck, deem d'Fraktiounen gemaach hunn op déi Sessioun, déi eriwweergaangen ass, hu se sech ausgeschwat a ganz forsch hannert d'Regierung gestallt: Mir maache keng Upassungen, keng Steuerreduktiounen!

De Budgetminister selwer huet jo hei am Fong en Ageständnis gemaach, wéi e gesot huet: Et ass d'Entwécklung am Ausland an de Wuesstum, dee se op eemol derzou beweegt huet, dat ze maachen. Dat heescht si wollt et effektiv net maachen. Mir waren awer der Meenung, dass et absolut iwwerfällg wier, Dir wollt et net maachen. Dir hutt eréischt op den Drock vu baussen noginn, ob dat dee vun der Opposition oder vum Ausland war, sief leschtendlech dohinner gestallt.

De Rapporteur krut ganz vill Virwërf gemaach, hien hätt viles gesot a geschriwwen, wat scho virdru Leit gesot hätten, en hätt net vill Neits gesot. Ech muss soen: En hat et och net einfach. Ech mengen, fir dee Budget hei ze kommentéieren, dat war net einfach, well och hei net ganz vill Originelles dran ass. Hien hätt scho missen dat maachen, wat e vun Ufank u gesot huet, datt en et net wëilt maachen, nämlech eng Rei Iddie vu sech bréngen, e philosopheschen Ausflug maachen, sou wéi hien dat genannt huet, an dat wollt hie jo net maachen.

De groussen Oproch ass och an deem Budget an der Schoulpolitik net feststellen. Dat huet een och aus den Debatten hei erausheieren, dass dat net de Fall wier.

(Interruptions)

Ech ginn nëmmen ee Beispill: Wou ass dat, wat mindestens véiermol an der Regierungserklärung ugedeit gëtt als déi grouss Reform, nämlech d'Autonomie vun de Schoulgebaier? Et ass véiermol ernimmt als e ganz grouss Element. Wou fënnt een dat erëm? Mir sinn awer elo ëmmerhin - ech wëll dat just derbäi soen - anerhaleft Joer no de Wale.

„New Lëtzebuerg“ ass an den Ae vum Rapporteur elo de ganz groussen Ophänker. Ech muss soen, et sinn effektiv vill méi Kreditter ageschriwwen ginn, mä anscheinend ass et mol guer net dat, wat wichteg ass. Hu mer dach net d'lescht Kéier nach an der Finanzkommissioun héieren aus dem Mond vun der IGF, dass op ganz ville Punkten et haut scho Kreditter gëtt, dass ebe just am Beräich vun der Informatik - alles, wat de Statsapparat op alle Fall ugeet - largement genuch Kreditter sinn an dass de Problem deem ass, dass all déi Kreditter regelméisseg net opgebraucht ginn. Dat war d'Ausso!

Da muss ech soen, da bréngt dat do jo och näischt Neits, wann Der nach Kreditter derbäi maacht, well wat jo scheinbar da feelt, ass d'Iwwerzeegungskraaft, d'Iwwerzeegungskraaft, fir och déi ganz Administra-

tioun matzerappen. Well wann dat am Moment mat de Suen net duergaangen ass, da gesinn ech net, wéi dat muer soll duergoen. Dir musst also probéieren, Är Leit méi ze involvéieren, méi ze incitéieren a méi matzerappen. Well mat Geld eleng mécht een effektiv an där Matière näischt.

Dir hutt och ënnerstrach - an ech verstinn dat och -, dass déi hei Regierung keng nei Schold opgehooll huet. Ech mengen, bei där Situatioun, wéi se sech och gewisen huet, wär et och aberrant gewiescht zu deem Zäitpunkt mat dese Projeten, iwwert déi mer am Moment schwätzen, eng weider Schold opzehuelen. Wat de Verglach mam Ausland ugeet, ass et do dem Minister säi gutt Recht selbstverständlech ze weisen, dass en e Budget am Equilibre huet a mat engem Excédent.

Et hätt och kee sech eppes anescht erwaart angesichts de Chifferen, dat muss ech awer soen! Dass et geschitt ass, gestinn ech gär zou, fir awer dann ze soen: Däitschland a Frankräich hunn dat nach net gepackt! Loosse mer eis awer selwer packen! Also déi däitsch Kollegen haten awer och mat ganz anere Problemer ze kämpfen wéi zum Beispill d'Réunificatioun, soudass een awer muss soen, dass et do vläicht wesentlech méi schwéier war, e Budget an den Equilibre ze bréngen wéi hei zu Lëtzebuerg. Dofir mengen ech, solle mer awer net zevill kucken, wat esou Länner wéi Däitschland a Frankräich maachen, déi mat anere Problemer ze kämpfen hunn.

De Budgetsrapporteur huet - dat muss ech him zougestoen, ech hat dat jo och scho gemaach - mat vill Fläiss probéiert, e Message eriwwe ze kréien, deem awer net eriwwe komm ass. Ech hu jo gesot, dass en et net einfach hat, mä ech muss awer och soen - an der Finanzkommissioun hu mer lech jo eis Unerkennung ginn -, dass mir inhaltlech mat enger ganzer Rei Saachen net d'accord sinn. Mir waren och net d'accord mat der Aart a Weis, wéi mer an der Commissioun virgaange sinn, fir dee Budget hei ze bearbechten. Dat hu mer lech gesot. Dir hutt awer deem ale Wee gewielt mat, menger Meenung no, deem Resultat, wat erauskomm ass. Dir kënnt op alle Fall net verkennen, dass mir gefrot haten, fir eng ganz aner Budgetsprozedur um Niveau vun der Chamber unzegoen.

Dir hutt domat Äre Message verwässert, mä Dir kënnt net der Opposition de Virworf maachen, mir hätten lech keng aner Prozedur virgeschloen. Dir hutt drop verzicht, philosophesch Stilübungen ze maachen, wéi Der dat selwer an engem Interview gesot hutt. Ech muss awer soen, dass ee ganz vill Allgemeinsätze fënnt a ganz vill Stilblüten, wou ee Schwierigkeiten huet, wa keng Erklärung derbäi ass, ze wëssen, wat sech dann dohannert verstoppt. Et ass heiansdo ganz schwéier ze verstoen.

Eng vun Ären Aussoen op der Tribün war: Nohaltegkeet brauch e staarke wirtschaftleche Wuesstum. Ech weess net, op wat der uspillt. Dat kann een heiansdo esou gesinn, dass een net e wirtschaftlecht Wuesstum brauch, dass déi zwee kënnen zesumme goen, dat kann ee mol gesinn, mä awer net datt dat eent dat anert brauch.

Also do musst Der dann awer emol mat de Leit hei an der Stad schwätzen, déi wëssen, wat de Cargocenter mat sech bréngt. Do ass wirtschaftleche Wuesstum effektiv, mä d'Fro, déi sech stellt, ass: Musse mir deen absoluten Zouwuess, deen do virgesinn ass an deem Cargocenter, zu Lëtzebuerg hunn? Op där enger Säit ass dee wirtschaftleche Wuesstum interessant, mir kréien e puer Retombées fiscales, mä déi sinn net an deem Mooss, dass mer se sou onbedéngt bräichten. Et ass och wahrscheinlech, dass mer bei der Cargolux nach en Zouwuess beim Emploi kréien. Mä musse mer dat onbedéngt hunn, angesichts der Tatsaach, dass op déi Leit, déi hei an der ganzer Émgeigend wunnen, awer ganz vill Schwierigkeete wäerten zoukommen, wat d'Belästegung vun hirem Liewensraum ugeet?

Eis Positioun war déi, dass mer gesot hunn: Mir hu guer kee Problem mam Persouneverkéier, mat der Moderniséierung an dem Ausbau vun der Aérogare. Mir hunn och kee Problem, wa mer wëssen, dass den Handling am Cargo fir d'Luxair noutwendeg ass, fir iwwert d'Ronnen ze kommen, fir dass mer nach eng Gesellschaft behalen, déi och am Persouneverkéier ka schaffen. D'accord! Mä bis zu welchem Punkt muss een dat nach ausbauen? Dat do ass e gutt Beispill, fir lech ze weisen, dass ech op kee Fall ka mat der Ausso d'accord sinn: Nohaltegkeet brauch e staarkt wirtschaftlecht Wuesstum.

(Interruption)

De stater Schäfferot hat effektiv laang Zäit gebraucht bis en op dee Wee gaangen ass.

(Interruption)

Ech ka mech net erënneren, dass Dir viru véier, fënnf Joer déi do Positioun hat. Mä ech kann lech awer soen, déi deemoleg Transportministesch an déi Fraktioun, déi ech vertrieeden, haten deemools exakt déiselwecht Positioun wéi déi, déi ech haut vertrieeden.

De Stat ka viles awer net alles. Ass dat de Message, deen Der wollt eriwuer bréngen? Ech muss soen, ech hunn net richtig verstanen: De Stat kann awer net alles? Mä mir sinn awer bei där Concertatioun als solches stoe bliwwen. Grad wéi mer och soen: Net-Qualifizierter sinn d'Perdante vu muer. Ech géif behaupten, et sinn net déi vu muer, et sinn déi vun haut a vu gëschter schonn. Net-Qualifizierter waren a sinn och muer ëmmer déi Leit, déi wahrscheinlech déi meeschte Schwierigkeeten hunn.

Dir hutt och an engem Interview gesot, Här Budgetsrapporteur, zur Negativsteuer, dass et net sënnvoll wier, en zousätzlecht Ëmverdeelungsinstrument ze schaffen. Ech wëll lech just an Erënnerung ruffen, dass Dir als eenzeg Partei, méi oder weëneger - ech sinn net sécher, ob et och nach anerer waren -, 1994 nach dat do gefrot hutt! Elo op eemol sidd Der anerer Meenung. Ech weess net, wat an der Tëschenzäit geschitt ass! Also eis Aussoen zur Negativsteuer kënnt Der an deene leschte Jorzéngten nokucken, mir hunn ëmmer gesot, dass dat eng gutt Iddi wier, an ech kommen och nach eng Kéier drop zrëck. Mä dat ass jo net déi Iddi, déi vertrauede ginn ass vun der Privatbeamtekummer.

(Interruption)

M. le Président.- Ja, Här Graas?

M. Gusty Graas (DP), rapporteur.- Wann ech just kuerz däréif eng Berichtegung hei maachen?

Den Här Krecké huet et jo lo selwer gesot: Ech hunn am Kontext vun der Negativsteuer vun engem zousätzlechen Ëmverdeelungsinstrument geschwat. Dat ass awer wesentlech!

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Jo, dat ass jo en Ëmverdeelungsinstrument tout court!

M. Gusty Graas (DP), rapporteur.- Ech hu gesot: Et muss ee fir d'éischt déi global Ëmverteilungspolitik analyséieren, ier een iwwerhaupt iwwert d'Negativsteuer kann eng definitiv Bewäertung ofginn.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Firwat war dat dann 1994 net de Fall, wéi Der dat an de Walprogramm geschriwwen hutt? War et dann net noutwendeg?

M. Gusty Graas (DP), rapporteur.- Dir däréif hei elo net eppes aus dem Kontext rappen, da musst Der och alles soen!

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Dach! Ech stelle just fest, dass Der elo mengt, et kéint een dat net direkt aféieren, well een do eng Rei Saache muss iwwerpräiwen, an 1994 hutt Der dat net gefrot,...

(Interruption)

...do hutt Der einfach d'Aféierung vun der Negativsteuer verlaangt.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- 1999 huet d'DP och nach eng ganz Rei Saachen...

Une voix.- An den Här Kratochwil huet et elo entdeckt.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Här Bausch, ech iwwerloossen lech och nach e puer vun hire Saachen!

Här Budgetsrapporteur, Dir hutt eng fläisseg Aarbecht geleescht - ech wëll dat nach eng Kéier ënnersträichen - an an engem Interview gesot: Mir müssen eis léise

vu kuerzfristeger Effekthascherei vu populistesche Fuerderungen. Abee jo! Hei kéint een awer och eng laang Tirad halen, wat populistesch Fuerderungen déi lescht fénnef Joer hei an der Chamber ubelaangt.

Ech wëll lech dat just nach eng Kéier an Erënnerung ruffen, well den Här Weiler virdun an der Fro vun der europäescher Steuerharmoniséierung ee Moment gemengt huet, e misst eppes entdecken, wat keng konsequent a responsabel Haltung vun eiser Partei an dëser Fro kënnt sinn.

Ech muss lech soen, Dir hutt nach ageschriwwen, net iergendeen, Dir hutt als Partei ageschriwwen an Äre Parteiprogramm: „Insbesondere fordern wir“ - dat ass annerhalleft Joer hier - „die resolute Verteidigung des Bankgeheimnisses“. „Die resolute Verteidigung“, ech weess net, wéi Dir dat gesitt. „Die Ablehnung einer Kapitalertragssteuer auf Zinsen“. Dir sot op där enger Säit, et soll ee keng populistesch Fuerderungen hunn, an annerhalleft Joer virdru maacht Dir déi do Fuerderung. Einfach kal esou. An d'Quellesteier kënnt! Dir kënnt et roueg noliese bei eis, do ass dat wesentlech méi virsichteg ausgedréckt. Esou eng Positioun hu mer net geholl.

Här Weiler, ech wëll lech drop hiweisen, dass an der Fro vun der Steuerharmoniséierung mir probéiert hunn - besonnesch elo wou mir an der Oppositioun sinn, ass et jo méi sensibel -, eng ganz responsabel Haltung anzehuelen. Mir hunn net Oppositioun fir Oppositioun gemaach, a mir hu virun allem eppes net gemaach: Mir hunn net probéiert innepolitescht Kapital doraus ze schloen, dass mer hei permanent - ech muss him et awer eng Kéier soen - d'Leit drop higewisen hätten, wat se alles esou am Laf vun de Joren als Partei, net als Individuum, gesot hunn a se domat permanent ze konfrontéieren. Dat hätt zu enger innepolitescher Ausenansetzung gefouert, déi vläicht eenzel Leit gefall hätt, mä déi vläicht net ganz sënnavoll gewiescht wier, an déi och fir d'Bankeplaz vläicht dat falscht Signal gewiescht wier. Dofir hu mir eis zrëckgehalen, dofir hu mir gemengt, et soll een net nach méi Onrou stëften, wéi dat Ganzt wäert ass, mä mir wëllen awer heiandsdo d'Leit konfrontéiere mat deem, wat se virdru gesot hunn.

M. Lucien Weiler (CSV).- Ech hunn net eng Sekonn Är responsabel Haltung an där ganzer Fro do kontestéiert. Dir kënnt dat noliesen a mengem Text. Net eng eenzeg Kéier hunn ech eng Allusioun dorop gemaach.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- J'en prends acte. Ech hat dat da falsch verstanen.

Ech kommen op déi haart Griefen, déi mir maachen, wou ech fannen, dass souwuel op der Qualitéit wéi op der Quantitéit dës Regierung mat Momenter dat noutwendeg Fangerspëtzegefill vermësse gelooss huet.

Ech ginn net zrëck op d'Fro vun den Asilanten, op Froen, déi, menger Meenung no, net am Fong ganz anescht hätte misse lafen, déi awer an der Qualitéit vun deem, wat geschitt ass, trotzdem hätte kënnen anescht oflafen.

Ech fannen et och onlogesch, dass de Statsminister am Mee heihinner kënnt an eis schwätzt vun enger méiglecher Entwécklung vun eisem Land a Richtung vu 700.000 Leit. Et versteet een net richtig, wat seng Meenung ass. Hie war jo dee Künstler, deem ech deemools probéiert hunn duerzeleeën, vun der Thees an der Antithees. Et ass awer net besser ginn. A senge Reien, mengen ech, wësse se och net richtig, ob et dann elo ass, dass mer dat lafe loossen oder dass mer et net wëllen.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances.- Den Här Goebbels seet einfach, d'Kapital soll net besteiert ginn. Dat ass méi einfach.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Dir sot dat do, mä Dir sot awer net, wat mer dann elo sollen. Wat Dir awer maacht, dat ass, Dir loosst eng Entwécklung zou wéi déi vum Cargo-Zenter. Wat heescht dat? Dat heescht erëm méi Aarbechtsplazen, probéieren d'Situatiounen esou gönschteg wéi méiglech ze maachen, dass méiglechst vill Leit heihinner kommen. Dir deklaréiert, dass Dir d'Betriebssteuer vu 37,45 op 30 % erofsetzt. Da brauche mir eis awer net ze wonneren. An dann, mengen ech, gitt Der d'Äntwert selwer. Et ass evident, dass mer a Richtung vun deene 700.000 Leit ginn, soss kann een net déi do Politik an de Wee leeden. Onlogesch ass et op alle Fall, dat eent ze bedauern an dat anert ze maachen.

Inkonsequent ass et och, a mengen Aen, hinzegoen, wann ee seet an och duerchzitt, dass ee grosso modo an zwee Joer an der Auswirkung der öffentlecher Funktioun 7 % zoukomme léisst, an dann awer præchéiert, esou wéi Dir dat maacht, Här Budgetsrapporteur, Lounmoderatioun, awer...

(Interruption)

...et ass jo fir de Privatsektor. Esou steet et an Ärem Interview. Dir kritt et nach eng Kéier zitéiert vum Här Lux, dee sech méi laang wäert domat ausenansetzen. Lounmoderatioun, well mer Steierreduktiounen ginn a well mer den Index ginn.

Ech muss soen, wann dat eng gewësse Logik soll duerstellen, dann ass dat eng Logik, déi mer net deele kënnen.

Onverständlech ass och bei dëser gönschteger Situatioun, dass dës Regierung et fäerdeg bruecht huet, op engem ganze Koup Dossieren awer Konflikter erbäizeféiere wéi deen, dee mir an de Krankekeesen haten. Den Dokteren, wann d'Krankekeesen erëm am Excédent sinn, dann eppes zouzemudden, wat hinnen

hätt missen zougemutt ginn e Joer virdrun, ass einfach net ze verstoen. Och an der Fro vun de Renten zu dësem Zäitpunkt näischt wëllen ze maachen, ass net ze verstoen.

Den Ofbau vun de Better, an engem Moment wou mer a Richtung 700.000 Leit ginn, als de groussen Ophänker am Spidolswiesen ze maachen, ass fir mech net ze verstoen.

Zaghaft sidd Der och, besonnesch den Transportminister, an der Fro vum Verkéier. Den Här Zanussi wäert méi genau dorop agoen. D'Nullléisung résuméiert wierklech wat dat fir eng Léisung ass. Dat ass keng Léisung. A vun deem kleng Plus ka kee sech vill kafen. Dat do ass eng Nullléisung an et résuméiert villes, wat an dësem Secteur an och an anere Secteure fir de Moment geschitt.

Ech muss lech soen, ech war viru kuerzem zu Paräis a wéi ech de Metro gekuckt hunn - wann ee bedenkt, wéini dass dee gebaut ginn ass -, do hunn ech mir geduecht, bei där Zaghaftegkeet, wéi déi heite Regierung, a besonnesch hiren Transportminister virgaangen ass, kënnt ech mir virstellen, dass de Metro zu Paräis ni gebaut gi wier, well do huet ee misste Courage hunn, fir en total neit Transportmëttel ze huele mat Mëttelen, déi zu dem heitegen Zäitpunkt normal schéngen, mä déi zu deem Zäitpunkt deemools total avantgardisteschen waren. Dat vermessen ech hei total. Wa Paräis mam Här Grethen den Transportminister gehat hätt, da géinge se nach an de Postkutsche fueren.

Och déi schwach Leit an déi ënnen op der Leeder hu mat dëser Regierung net ganz vill ze erhoffen. Dir hutt et ugedeit, Här Weiler. No 1990 hu mer sozial Begleitmoosnamen erbäigefouert - Dir hutt et selwer gesot -, um Niveau vum Mindestloun, well bei de Betriber d'Steieren erofgaange sinn. Dat wat mir gefrot hunn, dat ass och um Mindestloun an zwou Tranchen. Dat eent 3,5 %. Mir haten net déi Chiffren, déi Dir hat, nämlech 3,1 %; mir waren, wat den Ajustement ubelaangt, net wäit dervun ewech. Et war eng verstänneg an erëm eng Kéier, fannen ech, responsabel Haltung, fir zu dësem Zäitpunkt ze soen 3,5 %. Mir hunn eis ëm 0,4 % geiert. Wéi solle mer dat och méi genau maachen, wann een d'Chiffren net huet.

Mä mir hu gesot, d'nächst Joer sollen da volontaristeschen 3,5 % derbäi kommen, 3,5 % am Zesummenhank mat de Betribssteieren.

Dat hu mer och d'leschte Kéier volontaristeschen gemaach. Liest emol eng Kéier no, Här Finanzminister, et ass nämlech interessant - d'Ministere liesen net ëmmer d'Exposés des motifs no -, ze kucken, firwat mer et gemaach hunn. Dat steet do.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances.- Well mer ee Retard hunn, steet do.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Mir hu volontaristeschen net nëmmen den Ajustement gemaach. Dir wësst, dass et am Rumm vu Sozialbegleitmoosname war. Mir hunn et par ailleurs nach 1992 eng Kéier gemaach.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances.- Ech entschëllege mech net derfir, well ech hunn d'Gesetz abruecht.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Ech dierf lech awer drun erënneren.

Am Exposé des motifs haut sti jo ganz aner Saachen. Den 1. September ass nach gesot ginn, et géing keng Relatioun mat der Steuerlaascht an der Mindestlounerhéijung ginn, an dann op eemol am Exposé des motifs steet just de Contraire. Dat ass eréischt zwee Méint derno, mä ech iwwerloossen dem Här Lux dat, deen lech mat vill méi Fougue wäert d'Kohärenz an zum Deel den Zynismus, deen an där do Ausso ass, ënnersträichen.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances.- Den Här Lux huet lech an der Fraktioun gesot, wat e wëllt soen. Dat do ass net korrekt, wat Dir hei mat him maacht.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Dir waart net derbei, an ech ginn dovun aus, dass Der net iwwer gutt Informatiounen verfügt.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances.- Den Här Lux, mengen ech, ka se net laang fir sech halen, mä e soll lech se net soen. Dat ass net gutt.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Och bei de Kannerzoulage geet et mir net duer, dass den Här Weiler mer seet, d'Diere sinn op. Neen, e soll soen, wat e wëllt. A mir hunn et gesot, a mir hunn och hei gesot, dass fir eis de Pendant da wier, dass an de Steieren eppes géing geschéien. Et ass jo net einfach eng Kannerzoulage, fir einfach fantasievoll jiddferen ze beglécken. Neen, mir sinn eis konsequent bliwwen an deem, wat mir an deene Jore virdu proposéiert hunn. Dir hutt dat ofgelehnt, an dofir hu mir och diesbezüglich keen Amendement bei de Steiere bruecht. Et ass evident, dass mer d'Steierverböserung net bréngen, wa mer d'Allocatioun zum selwechten Zäitpunkt net kréien, a vu dass Der refuséiert hutt eis Propositionen, déi ech par ailleurs als ganz pertinent a gutt ëmfannen, bei de Statsrot emol nëmmen ze ginn, guer net dovun ze schwätzen, dass se hei zur Ofstëmmung kommen, da kënne mir natierlech net dat anert maachen.

M. Lucien Weiler (CSV).- Der DP hir Propositionen sinn ni bei de Statsrot gaangen. Kënnt Dir lech däärs

net méi erënneren? Dir hutt dach ëmmer mat mir ofgestëmmt.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Déi haten net esou eng Pertinenz wéi déi hei, géng ech mengen.

Bei der Rentefro kënnt Dir lech nach eng Zäitchen derlaanscht drécken. Iergendwann ass all Etüd um Enn, iergendwa musse mir Entscheedungen huelen a jiddferee muss seng Responsabilitéiten huelen. Mir hu keen dueblen Ajustement gefrot, mä mir hunn zu deem Zäitpunkt gesot, et wier un der Zäit, fir och d'Pensionnären un deem ausseruerdentleche Wuulstand - deen trotzdem sech entwéckelt huet -, wéi déi aner Deeler vun der Populatioun, deelhuelen ze loossen.

Iwwregens hu mir och eng Proposition eragi fir den RMG. Mir hunn net nëmmen um Mindestloun mä och um RMG genau déiselwecht Prozedur, 3,5 % an 3,5 %, virgeschloen.

Bei de Renten hu mir eng Proposition gemaach. Et war gesot ginn, mir sollte Propositionen op den Dësch leeën. Dat ass eng Allocation de fin d'année. Dat ass eng, déi e bëssen anescht ausgeriicht ass. Firwat? Si ass berechent an hiren Auswierkungen, dass et nëmmen op den Excédentë spillt oder op engem Deel vun den Excédentë bei de Reserven, d'Reserven als solch net ugräift, well mer eis och musse bewosst sinn, wa mer op där enger Säit déi eeler Leit doru bedeelege wëllen, et am Moment d'Sue si vun deene Leit, déi haut abezuolen an deenen hir Rechter haut amgaang sinn ze wuessen, esou dass mer och do probéiert hunn näischt Onméiglechtes ze proposéieren.

Et ass een neie Wee, dee mer proposéiert hunn. Et ass een anere Wee, besonnesch well en net d'Beitragsheicht, mat Ausnahm vun der Grondrent, a Betracht hält. Hei sinn et Beitragsjoren, wat mat sech bréngt, dass natierlech eng ganz Rei kleng Rente besser proportionell géingen ewechkomme wéi anerer. Dat ass e bëssen e Broch mat enger gewësser Philosophie, mä ech fannen, wann et eng eemoleg Allocatioun ass, ass dat awer ze verdroen, soss huet et kee Wäert, dass mer hei andauernd iwwert déi kleng Rente schwätzen. Mir mussen och eng Kéier de Courage hunn, eventuell eng Verbesserung virzugesinn, déi virgesäit, dass kleng Rente proportionell méi kréie wéi relativ déck Renten. Mir mengen, dass dat absolut ze diskutéieren ass. Et komme wahrscheinlech nach aner Propositionen op den Dësch, mä eis Proposition huet wéinegstens de Mérite, dass se zumindest um Dësch läit.

M. Lucien Weiler (CSV).- Den Här Gibéryen huet lech dowéinst Populismus virgehait.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Den Här Gibéryen weess vu wat e schwätzt. Wann Der 1989 ausgezu sidd an hei an d'Chamber erakomm sidd mat engem eenzege Programmpunkt, „5/6 fir jiddfereen“, da weess hien

effektiv, wat Populismus ass. Do huet hien eng gewësse Kompetenz, an déi streiden ech him net of. Déi geet mir eben of.

(Interruptions diverses)

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances.- Ech gesinn, den Här Weiler bréngt et ëmmer erëm fäerdeg, d'Opposition mateneen an d'Gespréich ze verweckelen.

Une voix.- Net dauernd, eng Kéier elo.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances.- Den Här Krecké ass awer nach net fäerdeg.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- D'Steiere sinn e wichtege Punkt, an ech wëll elo dorop kommen, well se jo d'Hauptmerkmal vun deem Budget hei solle sinn.

Ech hu scho vun deem Leidenswee geschwat, deen Dir alleguer duerchgemaach hutt. Et ass herno en Alleingang ginn. Schnell ass déi Steuerreduktioun duerchgezu ginn. Herno effektiv ass et de Leit egal, mä Dir selwer musst lech Froe stellen. A wann Der deemools och net agebonne waart als Parlamentarier vun der Majoritéit an dat, wat do gemaach ginn ass, dann hätt ech mir awer gewënscht, Här President vun der Finanzkommissioun, dass mer da wéinegstens am Parlament eis ausenanergesat hätte mat der Steiertabelle vun der Regierung. Wat awer net geschitt ass.

Dir wësst, dass Dir eng Réunioun mam eminenten Här Juncker, Finanzminister, ageruff hat, déi Dir sine die reportéiert hutt. Ech hätt mech gefreet zu deem Zäitpunkt mat him eng Ausenanersetzung ze kréien, well déi zwou Propositione leie jo net esou enorm wäit ausenaner, an et sinn, menger Meenung no, Elementer dran, wou een hätt kënnen an der Konfrontation emol kucken. Wann Dir an Ärem Houfert och net hätt wëllen drop agoen, hätt een awer vläicht eenzel Reflexiounen mat afléisse kënnen loossen, déi net esou abwegig sinn, géng ech mengen. Dir hutt dat net gemaach.

M. Lucien Weiler (CSV).- Mir hunn déi Kommissioun missen d'urgence aruffen.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Zu deem Zäitpunkt war déi längst ofgeblosen.

M. Lucien Weiler (CSV).- Neen, esou war et net.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Dir hutt déi Konfrontation net erbäigeféiert. Dir hutt se reportéiert, ech weess net firwat. Och déi Diskussioun, déi mir an der Finanzkommissioun gefouert hunn iwwert d'Propositionen vun eiser Partei, déi hunn net ganz wäit gefouert. Déi hu just derzou gefouert, dass Dir ofgestëmmt a gesot hutt: Mir ginn déi net emol weider bei de Statsrot.

Ech hoffen, dass dat, wat ech lech wollt ënnerbreeden, verdeelt ginn ass.

M. le Président.- Et ass verdeelt ginn.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Ech hunn lech nach eng Kéier d'Propositione vun der Regierung virgeluegt. Deen éischte Graphik kënnt ganz schlecht eriwwer, well e gro ass, gro wéi der Regierung hir Politik eben e bësse gestalt ass.

Déi dräi Propositionen, déi d'Regierung gemaach huet, wollt ech fairnesshalber nach eng Kéier hei afléisse loossen. An ech muss soen, och den nächste Graphik, dee sech schlecht liest, mä dee liest Der dann op Ärem Blat, ass dee wou nach eng Kéier den aktuellen Tarif mat deem vun der Regierung verglach gëtt.

Den nächste Punkt ass dee wou mer d'Propositione vun eiser Partei esou résüméieren:

1. Mir mengen, dass een dee Mécanisme compensatoire vun 1998 - och wann en net genial ass, esou hëlleft en heiansdo iwwer Problemer ewechzegen - soll gebrauchen, well et nach ëmmer an eisen Aen ebe gutt wier, wa mer de Salaire minimum an der Klass 1 och esou wäit hätten.

Souwisou, Här Finanzminister, hunn ech d'Impressioun, wa meng Rechnung stëmmt, dann ass och den RMG-Émfänger, wann net en Trick mat Abattemente gemaacht gëtt, déi menger Meenung no net zoulässe sinn, well se keng Werbungskosten a keng Fahrtkosten hunn, muer besteiert, wat einfach vun der Logik hier net gutt ass.

Ech mengen, wann ee fest seet, dass de Mindestakommes vun engem, fir dass en hei zu Lëtzebuerg iwwerlieft, deen ass, deen et nun eben ass, da kann ee schlecht higoen an e besteieren. Dee Mechanismus hei begräift dat selbstverständlech an da wier dee Problem och aus der Welt geschaaft. Mä ech ginn awer dovun aus, dass Dir wahrscheinlech en anere Wee wielt, deen awer net total dem Gesetz entsprécht. Dofir, heimat wier och den RMG fräi.

Déi zweet Proposition, déi mer maachen, ass bei 6 % ze bleiwen. Och den Agankssaz hu mer acceptéiert. Mir hunn net gesot, et muss een en nach méi héich oder manner héich asetzen. Mir hunn déi 390.000 Frang guttgeheescht.

Mir hunn awer gemengt méi Tranchen anzebauen. Mir fänke bei 6 un a mir ginn och herno méi wäit wéi Dir an Ärer Proposition, well eis Proposition ass ze verstoe vis-à-vis vun der Proposition fir 2002 vun der Regierung, well déi Proposition vun haut ass och déi fir d'nächst Joer. Héchstens léisst sech driwwer diskutieren, well mer jo gesot hunn, mir wiere bereet op 40 % vum maximale Steiersaz ze goen. Dat hu mer dës Kéier net gemaach. Mir wëllen d'nächst Joer keen

anere Barème erabréngen. Et ass also de Verglach ze maachen tëschent deem wat mer haut proposéiere mat deem wat d'Regierung fir 2002 proposéiert. Mä et ass eben de Budget vun dësem Joer an da muss ee se, wat d'Steierausfäll ubelaangt, budgetär awer op dëst Joer estiméieren.

Doduerch, dass mer fir dëst Joer dat virgesinn hunn, geet et bis 42 %. Wat heescht dat? Dat heescht, dass bei eis den Tarif net esou schnell klëmmt, dass ee méi spéit op de Spëtze Steiersaz kënnt. Dat huet ganz einfach als Effet, an dat gesitt Der, wann Der deen nächste Schema kuckt, dass den Tarif, dee mir proposéieren, vill méi flaach ass, dass en dee Bockel net huet, deen den Tarif vun der Regierung am Joer 2001 an am Joer 2002 huet.

Dat gesäit een och bei deene mëttleren Akommes vu 500.000-2.500.000 Frang.

(Interruptions diverses)

Et sollt en Test si fir ze kucken, ob dat alles, wat mer hei installéiert hunn, och fonctionnéiert.

Op alle Fall gesäit een, dass bei där Proposition, déi d'Regierung gemaach huet an déi Dir ënnerstëtzt, e gewëssene Bockel dran ass. Mir mengen, et wier besser fir déi mëttler Akommes, wann ee méi spéit kënnt an dat gesitt Der och herno op deem Schema, dat hannendru kënnt, dass am Joer 2002 déi zwou Kurve relativ no beienaner sinn an dass et bei eis souguer ee Moment kippt. Dat heescht, eisen Tarif gëtt mat Sécherheet vun engem gewëssene Moment u méi schlecht wéi dee vun der Regierung.

Ech hätt och kënnen en Tarif dohinner leeën, deen en tout état de chose méi gönschteg gewiescht wier. Dat ass net ganz komplizéiert. Mir hunn hei eng Option geholl fir méi Tranchen ze maachen, doduerch d'Tranché méi kleng an doduerch déi mëttler Akommes, bevirdeleegt vis-à-vis vun aneren, net op 38 % ginn, mä gegebenenfalls 42 oder da 40 % dat nächst Joer.

Wat dat fir Auswierkungen huet, dat gesitt Der op deenen zwou Tabellen. Wann déi och schwéier ze kucke sinn, esou ass et awer, mengen ech, um Pobeier kloer erkenntlech, dass natierlech doduerch, dass mir nëmmen een Tarif eraginn, dee mam Joer 2002 ze vergläichen ass, deen elo op der ganzer Linn méi gönschteg ass wéi dee vun der Regierung am Joer 2001 an dass dat souwuel an der Klass 1 wéi an der Klass 2 de Fall ass.

Mä wann Der da weidergitt an Dir gitt bei 2002 kucken an Dir kuckt d'Auswierkungen do, do ass dee wichtegsten Tableau deen, deen Der elo an zwou Sekonne virun lech hutt.

An der Klass 1 ass den Tarif, dee mir proposéieren, méi gënschteg bis zu 2.300.000 Frang an da kippt en, da gëtt dee vun der Regierung méi gënschteg.

Voilà, Här President, dat sinn déi grouss Ënnerscheeder. Ech résuméiere mech also nach eng Kéier. Mir maachen de Mindestloun an domat och den RMG steierfräi doduerch, dass mer dee Mechanismus an der Steuerklass 1 maachen. Mir maache méi Tranchen a loossen de maximale Steiersaz och vill méi spéit kommen a mir maachen de maximale Steiersaz allerdéngs ëm 2 % méi héich wéi dat wat d'Regierung virschléit.

Sécherlech ass et fir eng Fraktioun, déi net kann zréckgräifen op de Programm vun enger Steierverwaltung, schwéier den Ausmooss dovunner anzuschätzen.

Wann ech awer kucke wat de Regierungsvorschlag vun 2002 kascht a wann ech dann eisen domat vergläichen, woubäi ech awer natierlech wëll, well mer dat jo ni richtig fäerdeg bruecht hunn oder ni richtig wollten, weise wéi eng richtig Akommestruktur ausgesäit - wann een déi emol eng Kéier hätt, da kënnt een dat do nämlech aschätzen -: Wivill Leit sinn dann elo an där Tranche wou eise Steiersaz méi ongënschteg herno ass? Et sinn der mat Sécherheet méi ënnendrënner wéi uewendröwwer. Ech weess et net anzuschätzen. Ech géing mengen, de Gesamtpaket kënnt bei 15 Milliarde leien, deen haut bei lech bei 10 läit. Mä et muss ee jo de budgetären Impakt kucken. Wann ech deen an Ärem Vorschlag op 80 % huelen, nämlech 8 Milliarden, dann ass e bei eis op 12 Milliarden. An da sot Der, wou gitt Der déi 4 Milliarde sichen? Ech kann dat net aschätzen, mä wahrscheinlech wäert de Finanzminister dat norechne gelooss hunn, esou wéi ech e kennen.

Ech fannen, dee Programm kënnt dem Parlament zur Verfügung gestallt ginn, fir d'Berechnung, well et ass jo kee Geheimnis. Et ass einfach, fir elo ze soen, dat do ass eng absurd Geschicht, well da stellen ech d'Methodologie a Fro bis ech gesinn hu wéi d'Methodologie och ass. Dat soll een och eis kënne zur Verfügung stellen, well ech muss nämlech hei relativ am Vaguë ronderëm tappen.

Dir hutt ëmmer gesot, wou gitt Der dann déi Sue sichen? Du hunn ech lech gesot, d'Taxe d'abonnement ass am Moment 14 Milliarden. Haut komme schonn 18 Milliarden eran a si gëtt geschätzt fir d'nächst Joer op 20 Milliarden.

(Interruption)

Selbstverständlech, firwat dann net? Wat maacht Dir dann? Dir sidd awer en echten, Här Weiler. Dir definiert iergendwou d'Einnahmen op Grond vu Chiffren. Dat gestinn ech lech an. Et ass jo net, dass Der se aus der Loft gräift.

Ech hu gekuckt, de Compte prévisionnel vun der Taxe d'abonnement ass haut schonn op 18 Milliarden. Dir setzt Der 14 an am Budget. Da soen ech, da setze mer déi richtig an a wann ech souguer dovun ausginn, dass d'Taxe d'abonnement, wat d'Fongen ubelaangt, doudsécher nach méi héich wäert sinn, dann ass dat do ofgedeckt.

Beim IRC, Här Weiler, wat d'Betriebssteuer ubelaangt, ass dat och net anescht. Weder wëllen nach kënne si op 1, 2, 3 oder 4 Milliarde près dat do virausgesinn. Ech ginn elo scho mat lech all Wett an, dass d'Plusvaluen, déi mer elo wäerte kréien, wesentlech méi héich si wéi déi, déi mer gesinn hunn.

(Interruption)

Här Weiler, ech kann nach weiderfuere, wann Der wëllt. Ech hunn lech der elo schonn zwou genannt. Ech fannen, bei de Retarde kënnte mer och kuerzfristeg eppes maachen. Et handelt sech jo nëmme ëm ee Joer, well et kann ee se jo net zweemol eranhuelen.

Ech muss soen, Här Finanzminister, et ass bedenklech wéi d'Arriéré sech entwéckelt hu säit där Zäit, wou Der mech eng Kéier onglécklecherweis mat engem Rapport beoptraagt hat, wou dat mech frappéiert huet, a wann ech d'Chiffere vun haut kucken, muss ech soen, dann ass dat net besser ginn. Et ass wesentlech méi schlecht ginn an och do si Méiglechkeete fir dat opzefänken, zumindest während engem Joer. Duerno ass et in etwa datselwecht wéi dat wat d'Regierung virgeschloen huet.

An dann, Här Finanzminister, weess ech net, ob Dir eis dat kënnt bestätege wat den Här Graas eis a sengem Rapport gesot huet: $\frac{3}{4}$ vun eise Betriber géingen net d'Quot erreeche fir Steieren ze bezuelen. Dee Chiffer hunn ech nach net héieren. Ech hunn ëmmer héieren, dass $\frac{3}{4}$ vun engem gewësse Secteur erakommen.

Wann dat de Fall wier, da muss ech einfach soen, dann hu mer zwee Problemer. Dann hu mer éischters ee vun de Steieren, déi menger Meinung no dann net korrekt berechent ginn. Et kann dach net sinn, dass vun de Betriber hei am Land keng Steiere bezuelen. Do ass eppes falsch, entweder an der Besteuerungsbasis wéi se festgeluegt gëtt, oder an der Aart a Weis wéi kontrolléiert gëtt. Dat do kann einfach net sinn, a virun allem, Här Minister, hält dat lech jo een Instrument total ewech. D'Steiere si jo och do fir e Lenkungseffekt ze hunn. Watfir e Lenkungseffekt huet dat dann nach muer, wann Der eis erzielt, mir setzen d'Betriebssteieren erof, wann dat $\frac{1}{4}$ vun de Betriber betrëfft an $\frac{3}{4}$ iwwerhaupt net?

Ech muss soen, ech hunn et missten zweemol liese bis ech et gegleeft hunn. A wann dat do stëmmt, dann ass och do Sputt, well dat do ass net normal. Et sinn dach awer net vun deenen, déi steierflichteg sinn, vun

de Leit, déi keng Steiere bezuele wéi bei de Privatpersounen. Dat ass net normal.

Ech hunn dat gesinn, an ech muss soen, ech war ganz erstaunt, an ech waarden drop, fir weider Explikatiounen ze kréien. Mä, ech mengen, Här Rapporteur, ech hu mech awer net geiert doranner.

Dann nach zwee Wuert zu der Reform, déi usteet. Mir verstinn, dass eng Steuerreform, déi 2002 sollt kommen, elo kënnt. Eise Wonsch wier an de graffen Zich tout court:

Eng Diskussioun iwwert d'Negativsteuer, déi awer méi déif geet wéi déi vun der Privatbeamtechamber, well ech muss soen, et ass ganz löblech, dass deen Usaz do gemaach ginn ass, mä d'Negativsteuer als neit Ëmverdeelungsmëttel ass awer net nëmmen eppes dat an d'Steieren eragräift, dat gräift an d'ganz Sozialpolitik eran.

Et ass evident, wann een haut eppes mécht am Logement, da misste mer dat op där enger Säit an de Steiere maachen an op där anerer Säit misste mer et jo da maachen an den Hëllef vum Logement. An da stelle mer ëmmer erëm fest, dass Leit dertëschent falen, déi dat eent net kréien an dat anert och net, oder bei deem engen an deem anere schlecht ewechkommen.

Wann d'Negativsteuer all sozial Leeschtunge géing begräifen, déi mer hunn, dofir dann ee se net nëmmen Negativsteuer nennen. Et ass en neit Ëmverteilungsinstrument, wat dat alles begräift a wat eben och déi Kompensationen iwwerflësseg mécht, well ee se iwwert déi Hëllef an déi Steieren, dat heescht, déi Belaaschtung an déi Entlaaschtung, kënnt oprechnen. Et ass wesentlech méi komplizéiert. Dat ass och keng Geschicht, déi mer am Joer 2002 léisen. Mir gesinn och an, dass dat iwwer Joren dauert, bis een dat ëmgestallt huet. Dofir si mer der Meinung, dass weiderhi sozial Begleetmoosnamen noutwendeg sinn, bis mer e Wee fannen, wa mer iwwerhaupt e Wee fanne fir dat do ze maachen, well dat heescht och, dass e ganze Koup Sozialtransferen nach just vun engem gemaach ginn, nämlech vum Finanzminister an net méi vun deene Ministeren, déi d'Zoustännegkeet hunn.

D'Individualbesteuerung, wou Dir jo ugekënnegt hutt, dass Dir wëllt mat eis doriwwer schwätzen, begreisse mer. Mir mussen allerdéngs oppasse wéi mer déi Diskussioun maachen, well mir hate se schon 1992. Wann et eng Optioun gëtt, déi en tout état de chose méi schlecht ass fir d'Leit, da weess ech net ob et ganz sënnvoll ass. Beim bestehende System vum Splitting ass dat awer esou. Dat heescht, wann een se mat 1 oder 1a besteiert, dann ass et mat weinigen Ausnahmen ëmmer méi ongeschéig a virun allem bei deene wou ee Partner net matschaffe geet, sou dass

een och do d'Individualisatioun vun de Rechter op anere Punkte muss materanzéien an doraus e Ganzt maachen.

Här Minister, ech nerven lech, mä och weiderhi wäert ech iwwer d'Steierhannerzéiung vun lech eppes erwaarde wat ech an där Fro nach net esou krut hunn. Ech hätt gär, dass Der do vill méiorsch virgitt. Och do si Saachen, déi net korrekt sinn an déi ech gäre redresséiert hätt.

Iwwert d'Gewerbesteier wëll ech fir eng Kéier net schwätzen. Ech hunn oft genuch dorop opmierksam gemaach.

Ech wollt awer nach e Wuert un den Här Budgetminister riichten. Den Här Budgetminister huet gefrot, dass mer eis mam Gesetz iwwert d'Marchés publics an och mat där ominöser Aart a Weis fir d'Begleitung vun de Gestionsprojeten ausenaner solle setzen.

Ech muss soen, Här Minister, wann Dir lech net geschwënn an déi zwee Dossiere méi involvéiert, da gëtt et e Budget vu politeschen Aventuren. An deene Kommissiounssätzunge wou ech bis elo dobei war sinn haarsträubend Saache méttlerweil op den Dësch komm.

Bei de Marchés publics hunn ech op eemol d'Welt net méi verstanen, wann esouguer Regierungsvertrieder a Regierungsmemberen op eemol vertrieden, dass d'Ausschreiwunge jo mat sech bréngen, dass dat alles vill méi komplizéiert ass a schlussendlech dozou féiert, dass d'Präisser vun deenen Objeten, déi mer wëlle realiséieren, méi deier ginn. Wann d'Marchés publics dat elo mat sech bréngen, da puche mer d'Gesetz direkt an de Bac an da brauche mer guer näischt ze maachen.

(Interruption)

Et ass texto gesot gi vum President vun där Kommissioun, déi ech matpresidéiert hunn an et ass texto gesot gi vun deem zoustänneg Regierungsvertrieder, deen zu deem Zäitpunkt do war.

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget. - Dat war ech net, Här Krecké.

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Neen, Dir waart et net. Dofir hunn ech jo gesot, Dir sollt lech endlech involvéieren. Dir loosst dat do lafen. Et ass net onbedéngt un der Oppositioun fir d'Aarbecht vum Budgetminister ze maachen. Hei ass d'Oppositioun déi, déi Är Aarbecht mécht an dofir suergt, dass Klorheet ass an de Marchés publics, dass dat propper erofgeet. Dat ass am Intérêt vun Ärem Budget esou gutt wéi vun eisem, mä Dir involvéiert lech net a loosst am Moment Leit do lafen, déi déi ongesond Praxissen do an d'Welt setzen. Ech soen lech dat.

An déi Geschicht vun den Etablissements publics ass net méi einfach fir ze illustréieren wéi dat hei. Elo wëlle

mer de Fonds de Kirchberg och nach eraushuelen. Dat ass genau dat, wat do vertruete ginn ass, Här Weiler.

(Interruptions)

Soll ech lech soen zu wat dass dat féiert? Dat féiert dozou, dass Ponts et Chaussées um Weimeschhaff 100 Meter Strooss bauen an eng Soumissioun maachen an dass de Fonds de Kirchberg niewendrun 3 Kilometer baut, vill méi deier baut mat Brécken a mat allem, wat se do wëlles hunn, an déi brauche kee Marché public ze maachen.

(Interruption)

Dat ass dat, wat amgaangen ass ze geschéien! Ergëtt dat do nach e Sënn?

Datselwecht, muss ech soen, ass an der Begleedung vun den Investitiounsprojeten de Fall. Ech verstinn einfach net, dass déi Majoritéit hei elo op eemol d'accord ass, nodeem dass mer e Kontabilitéitsgesetz gemaach hunn, dat sollt méi Kloeerheet schafen, den Engagement als wichtegt Instrument dohinner setzt. Wat maache mer? Elo op eemol gestatte mer, dass iwwert de Budget épongéiert einfach bis zu 300 Milliounen Dépassementer esou kënnen ofgerëselt ginn. Ech muss soen, dat ass wierklech d'Kontabilitéitsgesetz a senger Philosophie, wéi mer se gesinn hunn, ad absurdum gefouert.

Här Minister, dat heescht näischt méi an näischt manner, wéi dass an Zukunft Är Kolleegen higin an d'Dépassementer roueg kënnen duerchzéie mat „passé outre“, herno épongéiere se et iwwert de Budget. Mir sinn net domat d'accord! A mir si scho guer net domat d'accord, dass do um Niveau vun iergendenger Kommissioun eng Décisioun erbäigefouert gëtt. Dat ass eng Décisioun, déi hei stattfënnt an net an enger Kommissioun! An déi Décisioun, déi do geholl ginn ass, déi fannen ech absolut net korrekt...

(Interruption)

... an déi wäerte mir hei nach eng Kéier an de Plenum bréngen. Ech muss soen, dass déi Dammen an Häre vun der Majoritéit largement do gesëndegt hunn.

Här President, d'sozialistesche Partei huet gewisen, dass - an ech hunn et virdrun ugedeit - se net Oppositioun gemaach huet, fir Oppositioun ze maachen. Mir hu responsabel Haltungen an engem ganze Koup Dossiere geholl. Dat lescht war beim Verhandlungseresultat vu Feira, wou ech net méi wëll drop zrëckkommen. Äre Lapsus ass awer ganz léif gewiescht an där do Saach; fir eng Kéier dass d'Regierung eppes gutt mécht - Här Weiler, do hat Der emol eng Kéier Recht, do hutt Der eis voll ënnerstëtzt -, solle mer se och luewen. Dat hätt mer och solle maachen. Entschëllegt, wa mir dat net an där Form gemaach hunn.

(Interruption)

Dir hutt selwer gesot, fir eng Kéier dass d'Regierung eppes gutt mécht, hätt mer dat solle soen.

Här President, a ville Sachfroen hunn ech lech gewisen, dass mir aner Léisungen hunn. Zu de Steieren, zu de Krankekeesen, zu de Renten, zum Kannergeld an an engem ganze Koup aneren Domänen hu mer Virschléi déi lescht Méint gemaach. Dir verstitt, dass dat hei e Budget ass, deen déi Chancen, déi mir do opgewisen hunn, net respektéiert, dass en d'Realitéit och erëm eng Kéier net erëmspigelt - do wäerte mer nach eng Kéier drop zrëckkommen - an, virun allem, dass en d'Weichestellung falsch mécht an der Sozial-, Gesondheets- an Ëmweltpolitik.

Dir verstitt, Här President, dass mer ënnert deenen Ëmstänn an aus deene Grënn - an Dir wësst, dass ech ganz vill Verständnis a gudde Wëllen opbréngen - leider dee Budget hei net kënnen stëmmen.

Ech soen lech merci!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jean-Paul Rippinger agedroen. Den Här Rippinger huet d'Wuert.

(Interruptions)

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, no den Ausféierunge vum Statsminister ganz am Ufank vun dëser Sitzung iwwert d'Resultat vun de Verhandlungen zu Nice, wëll ech a mengem Numm an am Numm vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei der gesamter Verhandlungsdelegatioun, déi dat Resultat do fir Lëtzebuerg erausgeschloen huet, merci soen a se dofir félicitéieren.

M. Jean Asselborn (LSAP).- Elo ass den Här Weiler net hei! Elo huet hien dat net héieren!

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Wéi ech mäi Virriedner héieren hunn, hat ech d'Impressioun, ech wär op enger Stee.

(Hilarité)

D'Regierung huet Propositione gemaach, fir d'Steierreduktiounen duerchzezéien. D'LSAP seet: Wie gëtt méi? Mä mir! D'LSAP bitt méi. Ech weess awer net, ob se sech domat kënnen bei de Leit Liebkind maachen. Ech hat éischter d'Impressioun, wéi wann dat do e bësschen zu spéider Zäit kéim, well vläicht hunn d'Sozialisten dat hire Kolleegen aus der Majoritéit virdrun interfraktionell gewisen. En tout cas, an deene leschte véier oder fënnef Joer, wou Der d'Méiglechkeet hat, mat esou schéinen Tabellen ze operéieren hei am Parlament an ze weisen, wéi ee kéint déi Steuerreduzierunge maachen, ass dat net geschitt.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Här Rippinger, ech kann lech versécheren, dass ech dorunner bedeelegt war!

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Jo! Ech konstatéieren nëmmen,...

(Interruption)

...dass do en totalen Désaccord war tëschent lech an Äre Kolleegen aus der Majoritéit, soss wär dat jo komm. Dat hutt Der jo elo gesot.

Wann een déi Aféierungen zum Budget 2000, also vum leschte Joer, nach eng Kéier duerchliest, dann ass dat schrecklech interessant, wann een dat vergläicht mat deem, wat meng Virriedner elo gesot hunn, a mat deem, wat se deemools gesot hunn.

(Interruption)

Jo, mä awer dat, wat e gesot huet, kann ech awer och ënnerschreiwten. Et ass gesot ginn, et wär de Budget vun der Kontinuitéit, et wär kee Broch par rapport zu der viregter Regierung, mä et wär awer och keng nei Ausriichtung.

Une voix.- Dat do war den Här Weiler!

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Jo, dat war den Här Weiler.

(Interruption)

Majo, dat war jo och gutt gesot. Mir hunn dat jo och confirméiert, just hu mir awer nach gesot, dass d'Demokratesch Partei awer schonns zu deem Zäitpunkt eng Rei vun neie politeschen Akzenter an deem Budget gesot huet.

Mä, wat interessant ass, ass dat, wat den deemolege Spriecher vun der LSAP, den Här Bodry, gesot huet. Hien huet d'lescht Joer am Numm vu senger Fraktioun als Leader geschwat. Seng Ried war och zimlech muscléiert, si war méi muscléiert wéi dem Här Krecké seng. Leider huet se net derzou gedéngt, fir dass e President vun der LSAP de Januar dono ginn ass.

M. Jean Asselborn (LSAP).- Dat kënnt vläicht nach!

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Dat kënnt vläicht nach eng Kéier, Här Asselborn.

Mä ech hunn awer, och wann ech seng Ried noliesen, misse feststellen, datt e gesot huet, et wär en Onverméige vun där neier Koalitioun, déi och deelweis nei besat wär, mat neien Iddien ze kommen an de wierkeleche Reformwëllen duerchzesetzen.

Wann ech awer elo souwuel seng Ried vun deemools wéi och haut d'Ried vum Här Krecké huelen, da muss ech soen: Do gesäit een awer d'Ofnotzungerscheinnunge vun der LSAP no 15 Jor Regierungstätigkeit. Wann den Här Krecké hei gesot hat, et wär net vill Originelles am Rapport ze liese vum Här Graas, da muss ech soen, et ass och net vill Originelles an net vill

Neies, wat Der net scho virun de Wale gesot hätt, hei ze héiere gewiescht an der Oppositoun.

(Interruption)

Ech konstatéieren awer, dass d'Liewen an der Oppositoun net esou einfach ass.

M. Alex Bodry (LSAP).- Mir soe weinstens nach datselwecht wéi virun de Wale! Dir sot emol net méi dat, wat Der virun de Wale scho gesot hutt!

(Interruption)

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Wa mir 31 Deputéiert hei hätten, géife mir genau dat soen, wat an eise Walprogramm steet. Mä mir hu keng 31 Deputéiert,...

M. Alex Bodry (LSAP).- Dir wäert se och ni kréien!

M. Jean-Paul Rippinger (DP).-...mir hunn der nëmme 15 a mir hunn e Koalitiounspartner...

(Interruptions)

...a mir hu mat deem zesummen e Kompromëss gemaach. Dat ass d'Realitéit...

(Interruptions diverses)

...vun der Politik an net dat do! Dat do ass ofgedräscht Stréi! Domat kann een näischt ufänken.

M. Jean Asselborn (LSAP).- Här Rippinger, wësst Dir nach, wéi schwéier dass et war an der Oppositoun?

(Hilarité)

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Jo! Fir mech war et méi einfach, muss ech lech soen.

M. Jean Asselborn (LSAP).- Dir hat laang Zäit, mir trainéieren nëmme fënnef Joer!

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Oh, dat weess ech net!

M. Jean Asselborn (LSAP).- Oh, dach!

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen awer, datt mir besonnesch dëst Joer eng speziell Debatt hunn, déi dank dem Här Graas sengem excellente Rapport - fir deen ech hien nach eng Kéier och vun dëser Plaz aus wëll félicitéieren -,...

(Interruption)

...nei lassgetrëppelt ginn ass. Am Kader dovunner wëll ech awer zwou Remarke maachen, déi, menger Meinung no, wichteg sinn, zu deem, wat iwwert dee Rapport geschriwwen ginn ass. Dass d'Oppositoun en net acceptéiert - an ech apprécieieren dat och, wat souwuel den Här Bausch am Numm vu senger Fraktioun wéi och den Här Krecké gesot huet -, dat ass absolut nozevollzéien.

(Interruption)

Mä dat, wat an der „Voix du Luxembourg“ stoung,...

Plusieurs voix.- Ah, ah!

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- ...do muss ech mech froen: Wann dat d'Stëmm vu Lëtzebuerg ass, da kann ech nëmme behaupten: aarmt Lëtzebuerg!

Déi schwaarz Tënt gläicht eigentlech der Britt vum Piff-faass, mat deem den Auteur iwwert de Rapporteur gefuer ass. Do kann ech nëmme soen: „Tout ce qui est excessif est insignifiant!“

M. Jean Asselborn (LSAP).- Wou ass den dat da geléiert ginn?

M. Lucien Weiler (CSV).- Här Rippinger, mir deelen dat ganz, wat Dir sot!

(Interruptions)

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- An dofir soen ech och hei, dass ech dat apprécieiert hunn, wat den Här Weiler gesot huet, dass e sech also duerch seng Interventioun hei an duerch seng Wieder vun esou eppes distanzéiert, ebe well dee Mann och nach net sou laang an der CSV-Fraktioun Mataarbechter war.

(Interruption)

Wann ech esou en Artikel liesen, da muss ech lech soen, mat wat fir engem Engagement ech fir d'Pressefräiheet hei zu Lëtzebuerg kämpfen. Well wa mer net eng absolut Pressefräiheet hunn, da komme sou Dommheeten och net vir. Dat wär ebe schued. Dass och Leit déi schreiwen, sech kënnen esou disqualifizéieren, dat ass a mengen Ae ganz wichteg.

Da war et vun alle Fraktiounsleaderen den Här Gibéryen, deen an engem ondifferenzéierten, populisteschen an arrogante Statement gemengt huet missen ze soen, et wier dee schwächste Rapport, deen hien an deene leschte Joren erlieft hätt. Abee, ech hunn den Androck, wéi wann dat net nëmmen dee schwächste Moment vum Här Gibéryen war, mä datt et him virun allem u sachlechen Argumenter gefeelt huet, fir dëse Budget ze kritiséieren, wéi déi aner Kolleegen et gemaach hunn.

Dat ass awer näischt Ongewinntes, well sachlech Argumenter waren nach ni d'Stärkt vum ADR!

M. Lucien Weiler (CSV).- Très bien!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Gast Gibéryen (ADR).- Hei, elo se si sech erëm eens!

(Hilarité)

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Debatt iwwert d'Zukunft vu

Lëtzebuerg ass eng, déi sech bei dësem Budget a bei de Problemer, déi mer am Moment an der Öffentlechkeet diskutéieren, méi wéi jee stellt. D'Fro ass déi: Wat maache mir zu Lëtzebuerg mat eisem Räichtum?

Déi eng beäntweren dës Fro andeems si soen, mir sollen de Räichtum, deen d'Leit an d'Entreprise erschafft hunn, sozial gerecht verdeelen. Dat géif bedeuten, datt mer de Räichtum konsuméiere sollten. Déi aner beäntweren dës Fro, andeems se soen, mir sollen d'Geld op d'Säit leeën, fir wann emol méi schlecht Zäite kommen. Dat géif bedeuten, dass mer spuer missten. Déi drëtt soen awer - an do si mir, a mengen Aen, op der richteger Schinn -, datt mer de Räichtum notze sollen, fir an d'Zukunft ze investéieren. De Stat dierf sécherlech kee Spuerveräin ginn.

An d'Zukunft investéieren heescht: nei wirtschaftlech Créneuen erschléissen, fir déi noutwendeg Infrastruktur suergen, eise Sozialstat sou ze organiséieren, dass mir déi haut versprache Leeschtungen och nach muer bezuele kënnen. Mir féieren also, anescht wéi aner Länner, eng Debat doriwwer, wat mir mam Geld maache sollen, dat mir - dat heescht d'Entreprise an d'Leit, déi hei schaffen zu Lëtzebuerg - Joer fir Joer erschaffen.

Mir müssen awer och eng Debatt doriwwer féieren, wéi dëst Land muer soll ausgesinn. Wirtschaftswuesstum ass net alles. De Rapporteur huet et gesot a sengem Rapport: Recettë bedéngen évidemment och Dépensen, Dépensë fir méi quantitative Wuesstum, oder och Dépensë fir méi qualitative Wuesstum a méi Liewensqualitéit; Dépensë fir méi héich Sozialleeschtungen oder Dépensë fir laangfristeg ofgeséichert Sozialleeschtungen. Dat sinn déi Froen, déi mir haut beäntwere müssen a fir déi d'Oppositioun an d'Majoritéit aner Äntwerten hunn.

(Interruption)

Gelif?

M. Jean Asselborn (LSAP).- Dat ass eng Ried vun der Staang!

(Hilarité)

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Dat ass net wouer! Waart emol bis se fäerdeg ass!

Trotzdem sinn ech der Meenung, dass mir guer net sou wäit ausenanerleien, d'Majoritéit an d'Oppositioun. De Problem ass just deen, datt de parteipoliteschen Notze bei munnechen zevill an de Vierdergrond gestallt gëtt. Einfach Léisungen, déi de Leit einfach eppes weider an d'Täsch ginn, dat sinn net d'Äntwerten op déi Froen, déi mir eis haut stellen.

Erlaabt mer awer, datt ech, ier ech op déi Froen do ze spriechen kommen, e puer Wuert iwwert d'Aart a Weis verléieren, wéi dëse Budget 2001 opgestallt ginn ass. Fir direkt an de Sujet richteg eranzeklammen an dem

Här Asselborn Pleséier ze maachen, wëll ech mech mat deene Kriticken ausenanesetzen, déi de politesche Leader vun der LSAP, den Här Bodry, d'lescht Joer am Kader vun de Debatten zum Budget 2000 un d'Adress vun der Demokratescher Partei geriicht huet.

(Interruption)

Et ass also net méi vun der Staang, Här Asselborn!

Ech zitieren: „Vergiesst deemno déi Haaptkriticke vun der Opposition virun de Walen! Vergiesst d'Fuerderung no enger méi richteger a realistischer Aschätzung vun de Statseinnahmen an einzelnen Ausgabenposten! Vergiesst d'Fuerderung no engem méi staarke parlamentaresche Matsproocherecht wéi d'Afëierung vun engem Budget rectifié! Vergiesst de Ruff no grousser Visionen un der Schwel zum nächste Jorhonnert!“

Do muss ech awer soen, wann ech de Spriecher vun der LSAP héieren hunn, vermessen ech awer och d'Visionen an d'Alternative fir dat nächste Jorhonnert. D'LSAP hat, wéi sou oft an der Vergaangenheet, och mat der Interventioun vum Här Bodry, menger Meinung no, ze schnell geschoss. Si konnt et kaum erwaarden, datt endlech déi Reforme géife gemaach ginn, déi si selwer während 15 Joer net am Stand ware mat hirem Koalitionspartner ze realisieren.

D'Ironie ass jo déi, datt d'LSAP jo scheinbar déi Iddie vun der DP du gutt fonnt huet a fënnt, awer ni bereet war, mat op dee Wee ze goen. Wann ech kucken, wéi schnell d'CSV an d'DP sech eens waren, fir d'Verbesserung an der Budgetspolitik erbäizefieren, da muss ech jo schonns bal dovun ausgoen, dass d'LSAP deemools de Partner an der Regierung war, dee gebremst huet. Op alle Fall haut diskutiere mir deen éischte Budget, dee vun där Majoritéit komplett op d'Bee gesat ginn ass an et muss ee feststellen, dass sech dach a kuerzer Zäit sou munches zum Positive gewannt huet.

De Rapporteur huet drop higewisen, wat sech alles an der Budgetpolitik geännert huet. Ännerungen, déi meng Fraktioun nëmmen ënnerstëtze kann, well se fir méi Demokratie a méi Transparenz suergen.

Éischtens, d'Recetté si realistesch ageschätzt ginn. Dat op Grond vun de steierleche Rentrées an deenen éischten Trimestere vun dësem an och vun deem leschte Joer.

Zweetens, dat parlamentarescht Matsproocherecht, beziehungsweise d'Demokratie, am Kader vun der Budgetsprozedur ass gestärkt ginn, andeems d'Chamber elo all Joer iwwert e Gesetz bestëmmt, wat mat deenen eventuell gemaachte Plus-valuë geschitt.

Dat sinn also déi Haaptfuerderungen, déi de Spriecher vun der LSAP richtegerweis der DP d'lescht Joer an de Budgetsdebatte virun Ae gehalen huet, an déi d'DP

net midd ginn ass hei an der Vergaangenheet ze évoquéieren an déi dëst Joer dann elo ëmgesat goufen.

Ech stelle weiderhi fest, datt bei deem, wat den deemolege Leader vun der LSAP d'lescht Joer op där Plaz gesot huet, eigentlech och ganz vill Hypokrisie läit wéi hie sot, an ech zitieren: „Hei gëtt scho gewollt bewusst eng gewëss Ënnerschätzung vun de Statseinnahmen, besonnesch vun de Steiereinnahme virgeholl. Ech kann dovun schwätzen, well ech déi aner Säit soutz. Ech sinn haut am Parlament a vertrieeden d'Position vum Parlament an d'Parlament war och gutt beroden, d'Position vum Parlament ze vertrieeden a keng aner Position.“

Wann dat also esou war, wéi d'LSAP nach Regierungspartner war, dann Här Bodry sinn ech frou, datt haut, wou Dir an der Opposition sidd, et net méi esou ass. Dir hutt deemools, an dat fannen ech och gutt esou, eigentlech zouginn, datt déi Politik net gutt war obwuel Dir matgemaach hutt. Dat ass eng éierlech Egekritik, déi ech ze apprécieiere weess.

Elo, op alle Fall, ass d'Situatioun transparent an demokratesch, well d'Chamber dierf decidéiere wat mat de Plus-valuë geschitt, wann der iwwerhaapt ufalen. Dëse Budget beweist also, datt et net drëm geet, fir falsch Donnéeën op den Dësch ze leeën, datt et net drëm geet, fir Appetit ze hemmen, esou wéi d'LSAP sech deemools och ausgedréckt huet, mä fir d'Zuele kloer op den Dësch ze leeën, fir d'Dépenses courantes am Grëff ze halen a fir d'Investitiounskapassitéit vum Stat op engem héijen Niveau ze halen.

Dann erlaben ech mir nach eng Citatioun, dat ass awer déi vum Här Weiler, déi hien d'lescht Joer gemaach huet: „Et gëtt als normal ëmfonnt, datt mir hei e langweilige Budget presentéieren, deen ëmmer nëmme wiisst a wiisst, wou déi Zouwiiss, déi scho fantastesch sinn, en fin de compte mol keng Freed méi maachen, mä nëmme méi Langweil suscitieren. Et ass do, Här President, wou ech mengen, datt d'Gefor dra läit, datt d'Usprochsdénke vu villen - korporatistescht Denken an anert - gefördert gëtt, duerch eben dat wat mir als Normalitéit ëmfannen. Ech mengen, datt dat keng gutt Entwécklung ass.“

Dës Sätz, déi mäi Kolleg Lucien Weiler d'lescht Joer op där Tribün gesot huet, sinn haut nach ëmmer wouer. Et huet ee wierklech den Androck, wa mir d'Opposition hei héieren, wéi wann dëst Land dobäi war sozial d'Baach erof ze goen. Op gutt al sozialistescht Aart a Weis muss et esou sinn, datt dee Frang, dee mir haut erwirtschaften, spëtstens muer muss ëmverdeelt sinn. Dat konnte mir de leschte Samschdeg jo largement beim Editorialist am Tageblatt noliessen.

Wann ee seet, et géingen och nach Leit no eis kommen, da gëtt an engem Anflug vun haardem

Realismus a Materialismus gemengt, wann et Lëtzebuerg muer sollt schlecht goen, da géinge mir schonn eng Léisung zesumme fannen. Dës Mentalitéit ass op alle Fall net eis.

D'Vollekwirtschaft däerf a mengen Aen net anescht funktionéiere wéi e Stot doheem. Wann een d'Moyenen huet fir an d'Zukunft ze investéieren, da soll een dat och maachen. Et soll een net alles op eemol opbrauchen, esou wéi dat zum Beispill am Kader vun de Pensiounsreservé vu munche Gewerkschaften, awer och vu munche Parteien heibanne verlaangt gëtt. Mat einfache Moyenen ass nach ni e komplexe Problem geléist ginn.

Ech muss soen, datt ech et bëlle an onverantwortlech fannen, wann een haut de Leit dobaussen erziele geet, d'Pensiounskeese wäre voll an et bräicht ee just nach zouzegräifen. Wann et esou einfach wär, dann hätt d'LSAP jo och deemols, wéi se an der Regierung war, d'Rente missten erhéijen oder en dräizéngte Mount ausbezuelen.

Ech kann dem Här Graas nëmme félicitéieren, datt hien a sengem Rapport onmëssverständlech d'Situatioun beschriwwen huet wéi se ass. Zënter 1984, dat Joer wéi d'LSAP an d'Regierung komm ass, beweegt sech den Niveau vun de Pensiounsreserven kontinuierlech iwwer zweemol d'Joresleeschtungen déi pro Joer ausbezuelen ginn. Zwëschen 1994 an 1999 - also déi Joren, wou d'LSAP nach an der Regierung war - huet sech déi Réserve zwëschen 2,42 an 2,64 mol d'Joresleeschtunge beweegt.

D'Reservé waren also schonn deemools héich an ech fannen et en Hohn, wann ee versicht haut esou ze maachen, wéi wann alles anescht wär, nëmme well een elo net méi an der Regierung ass, mä an der Oppositoun.

Elo gëtt op eemol eng Zort dräizéngte Mount verlaangt. Dat kléngt immens gutt bei de Leit dobaussen. D'Akzeptanz fir esou ee Virschlag fënnt een och ganz schnell bei de Leit. Well wéi sot een: „Wann een eppes weider an der Täsche huet, ma dat ass dach flott“.

Mä firwat kommen déi Fuerderungen elo mat esou staarkem Nodrock? Well mir zevill Geld an der Keess hunn? Oder vläicht well et eis egal ass wat muer ass? Well mir jo bestëmmt muer eng Léisung fanne wäerten, wann, salopp ausgedréckt, d'Kar am Dreck läit.

Datt op d'mannst d'Majoritéit an dëser Chamber d'Rentekeesen net wëll ausraibere, fir sech kuerzfristeg lieb Kind bei de Leit ze maachen, ass ganz daitlech ginn am Rapport vun der Finanzkommissioun, an och an de Messagen, déi d'Regierung an de leschte Wochen a Méint ginn huet. Dofir hu wahrscheinlech esou vill Leit Ustouss un dësem Rapport fonnt.

Dat provoziert och d'Gelächter vum Här Bausch, well en diamétralement opposé ass zu deem wat am Moment dobaussen an der Öffentlechkeet mat haarde Wieder a mat alle verfügbare Mëttel gefuerdert gëtt.

Et sinn der déi soen, et wär näischt dran an deem Rapport. Et gëtt vu Platitude geschwat. Dir Dammen an Dir Hären, et ass keng Platitude wann ee seet, datt een d'Politik muss versichen esou ze gestalten, datt si och nach positiv Nowierkungen huet. Et ass dat keen neie Message. Mä et ass e Message dee batter noutwendeg ass an dësen Zäiten.

Mat där vermeintlecher Platitude gëtt eng kloer Ofso un de momentanen Zäitgeescht erdeelt. En Zäitgeescht, wou muncheree Kleesche bei de Leit spillen an hinne Kaddoen a Form vu Geld maache wëll.

Et ass net esou, datt eis Rentekeesen e Füllhorn sinn, wou ee sech da kann einfach nach Belieben zerwéieren. Ech fannen et dofir richteg, datt am Rapport vun der Finanz- a Budgetkommissioun gesot gëtt, datt kuerzfristeg orientéiert Usprouchen denken zu laangfristeg Problemer féiere kann. Dës Warnung, déi de Rapporteur ausspricht an déi, wéi ech gesot hunn, sécherlech net nei ass, mä awer ëmsou méi wichteg ass an enger Period wou de Generalstreik wéi en Damoklesschwäert iwwer eis schwieft, solle mir dat eescht huelen.

(Interruptions)

Mir sollen dofir och net schnurstracks bei d'Medië lafen a Rentenerhéijunge fuerderen, wann de BIT an engem Zwëscherapparat seet, datt eis Renten iwwer e puer Dekaden, ënnert der Bedingung, datt de Wirtschaftswuesstum gläich bleift, geséichert sinn. Esou einfach ass et net a war et och net virun e puer Joer, wéi d'LSAP nach an der Regierung war. Dofir loosst eis den definitive Bericht vum BIT ofwaarden an dann, wann d'Fakten all um Dësch leien, déi richteg Konklusioun fir d'Zukunft zeien.

M. Jean Asselborn (LSAP).- Ech wëll just eppes soen: Deen, deen déi do Notë gemaach huet am Pool, dee riskéiert seng Plaz.

(Hilarité)

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Ech froe mech, ob Dir no Ären Aussoen zu Nice net Är Plaz als President vun der LSAP riskéiert. Well ech mengen dee Stull ass méi geféierlech wéi mäin.

D'Konklusiounen müssen déi hei sinn: Eis Rente müssen onofhängeg vun der Héicht vum Wirtschaftswuesstum laangfristeg ofgeséichert sinn. Wann dës Prémisse erfëllt ass a wann da Sputt besteet fir d'Renten opzebesseren, da solle mir deen och notzen an d'Renten erhéijen. Dat ass de Wee dee mir goe müssen. Dat ass och de Wee deen d'DP bis elo ëmmer virgeschloen

huet. Op kee Fall wëlle mir den ëmgedréite Wee goen a fir d'éischt Geld verdeelen an da kucke wat geschitt.

Wann ech soen onofhängeg vum Wirtschaftswuesstum, da mengen ech domat, datt keen am Land eis ka soen, ob d'Wirtschaft och muer nach esou staark wiisst wéi bis elo. Et kann och keen eis am Land soen, ob mir iwwerhaupt à même sinn, fir all Joer 5 %, 6 % oder souguer 8 % Wuesstum ze verdroen. Dat sinn Zuelen déi eis Noperen an Däitsch-land an de 50er Joren als Wirtschaftswunder betitelt hunn.

Lëtzebuerg realiséiert also och am Moment e lëtzebueresch Wirtschaftswonner a mir sollen et net als eng Selbstverständlechkeet ugesinn, datt dat Wonner éiweg unhält. Et soll een den Däiwel och net un d'Wand molen, mä et soll ee besonnesch mat öffentleche Gelder net lichterfankeg ëmgoen an einfach alles haut konsuméieren, well et eis elo esou gutt geet. Mat dëser budgetärer Virsicht soll net versicht ginn d'Appetiter ze hemmen, mä versicht ginn, datt den Honger och muer nach ze stëllen ass.

D'Kommissioun huet an hirem Rapport op eng einfach Manéier kloer gemaach, wat d'Gefore vun engem stramme Wuesstum sinn. Si huet déi ekologesch Komponent natierlech ervirgehewen, a bericht wat der Regierung hir Absichten an deem Beräich sinn. Och hei huet de Rapporteur eng kloer Visioun dévloppéiert, déi d'Wirtschaft, d'Ekologie an d'Sozialpolitik als e Ganzt ugesäit an net ee Beräich iwwert en anere setzt.

Hien huet Froen aus der Vergaangenheet erëmgehol, déi vu viregte Rapporteur souguer och opgeworf gi sinn an awer nach keng eendeiteg Äntwert bis haut fonnt hunn. Den Här Krecké hat viru Jore richtegerweis vum Choix de société geschwat. Et muss een awer haut feststellen, datt déi gutt Iddi vun deemools sech nach net konkretiséiert huet.

Et gëtt och menger Usicht no keng konkret Rezept, déi een haut beschléisst a muer ëmsetzt, mä et gëtt Ziler, déi ee sech laangfristeg setze muss an déi een op Grond vun deem alldeeleche politesche Geschäft muss versichen lues a lues ze erreechen. An et gëtt eng bestëmmte Mentalitéit, déi ee muss hunn, fir dës laangfristeg Ziler ze erreechen.

Den Här Graas ass a sengem Rapport ganz prezis ginn, wat hien ënnert dem Choix de société versteet. Et ass de Choix an d'Richtung vun engem neie Lëtzebuerg, wou mir müssen d'Problemer vu muer erkennen an haut schon ufänke se ze léisen.

Éischters gëtt eng besser Ausbildung gefuerdert. Zweetens, Investitiounen an déi nei Wirtschaftsformen, ouni sech awer vun dëse blenden ze loossen an ze mengen, et misst alles nach just „new economy“ an näischt méi „old economy“ sinn. Eng Sozialpolitik, déi net haut Saache verspricht, déi se muer net kann

anhalen an dann eng nohalteg Politik, déi jo och hei Gelächter ervirgeruff huet, déi och d'wirtschaftlecht Potential vu modernen Ëmwelttechnologien erkennt a se och zu gläicher Zäit fördert.

De Rapporteur huet op eng pragmatesch Aart a Weis a sengem Bericht gewisen, wat d'Regierung an déi Richtung ënnerehelt, an huet bei verschiddene Punkten och konkret Virschléi gemaach, wat een haut an elo kann ënnerehuelen, fir dëst oder dat konkret ze verbessern. Hien huet awer och virdru gewarnt, fir de Bléck just op Lëtzebuerg a seng Zukunft ze riichten. Et gëtt och nach haut an der Gegenwart genuch Problemer déi mir léise müssen.

Lëtzebuerg décidéiert net eleng wéi seng Wirtschafts- a Finanzpolitik soll ausgesinn. Europa, d'Währungsmarchéen, de Funktionement vun den Ekonomien an déi mir exportéieren oder vun deene mir importéieren, dat alles si Facteuren, déi eis Politik zu Lëtzebuerg beaflossen. Wann den Dollar par rapport zum Euro iwwerbewäert ass, wann d'Pétrolspräisser klammen, wann zu Bréssel iwwert d'Steierharmoniséierung geschwat gëtt, wann nei Marché sech opdinn, zum Beispill am Beräich vun den Telekommunikatiounen oder vum Internet, dann huet dat enorm Répercussiounen och op Lëtzebuerg.

Mir sinn et also net méi eleng déi viele kënne wou et higeet. Et sief dann, mir wëilten de Wuelstand an den héijen Niveau vun der sozialer Ofsécherung op d'Spill setzen. Ech sinn dofir och frou feststellen, datt d'Regierung gewëllt ass massiv dorun ze schaffen, fir den Image vu Lëtzebuerg no baussen ze verbessern, zum Beispill am Domän vun der Kooperatioun, wou mir wëllen op 1 % vum Revenu national brut goen, oder am Domaine vun der militärescher Kooperatioun, wou mir besonnesch bei humanitären Asätz a Krisengebieder present sinn. Et geet hei wierklech ëm d'Kreditabilitéit no baussen.

Och wat d'Aussepolitik ugeet, setzt dës Regierung nei Jalonen. Et gëtt dran investéiert fir den Image de marque vun eisem Land zesumme mam Privatsecteur besser en exergue ze setzen.

Et gëtt en elektronesch System geschaf, fir den Informatiounsfloss tëschent dem Ministère an den diplomatesche Vertretungen am Ausland ze verbessern. Um Niveau vum Consulat honoraire vu Lëtzebuerg am Ausland gi Kreditter zur Verfügung gestallt, déi et solle besser erméiglechen, d'Intérète vun eisem Land no baussen ze promouvieren.

Dës Initiativen, déi ech hei als Beispiller genannt hunn, beweisen, dass dës Regierung erkannt huet, datt vill vun eisem Image, dee mir dobaussen ofginn, ofhänkt.

Et ass wichteg, datt och am Ausland gesi gëtt, wat Lëtzebuerg eigentlech wierklech ass an datt mer net just als soi-disant Steierparadies dobausse gesi ginn. Et

ass awer och wichteg, dass den Image vun eisem Land no bausse verbessert gëtt, fir dass mer och a wichtige Verhandlungen, zum Beispill an deenen, déi elo um europäeschen Niveau gefouert ginn - Stéchuert Fiskalitéit an institutionell Reform -, d'Intérète vun eisem Land besser a méi kredibel verteidege kënnen. Dës Investitiounen an den Image de marque vu Lëtzebuerg sinn Investitiounen an d'Zukunft vun eisem Land.

Lëtzebuerg muss seng Reformfäegkeet awer och erhalen. Mir musse bestoend Problemer erkennen a léisen. Mir gesinn Dag fir Dag, dass déi Lëtzebuerger Economie wéi e Magnéit wierkt. D'Zuelen, déi de STATEC, d'OECD, den FMI, EUROSTAT an aner Observateure fir Lëtzebuerg enregistreieren, beleen dat eendeiteg. De Rapporteur huet dat en long et en large bewisen a gewisen an ech wëll net méi op déi Zuelen agoen. Hannert deenen Zuele verbierge sech awer ganz vill Saachen.

Zum Beispill: De Finanzsecteur kritt vu Joer zu Joer méi eng grouss Bedeitung an eiser Economie, mä virun allem och an eisem Budget. De Monolithismus vun eiser Wirtschaft verstärkt sech nach, wat net a priori eng Katastroph ass, wann et eis geléngt, dese Sektour weider ze entwéckelen an ze diversifizéieren. Ech deelen awer d'Meenung vum Rapporteur, dee seet, dass mer am Moment net ouni Weideres d'Bankgeheimnis ofschafe kënnen - meng Virriedner hu jo dovu geschwat -.

Dofir ass de Kompromëss, deen d'Regierung an deem Dossier zu Bréissel erreecht huet, och immens wichteg fir eis Bankplaz. Et geschitt näischt, wat net och zum Beispill an der Schwäiz, zu Liechtenstein oder op de Kanalinsel geschéie wäert. Dat ass e wichtige Message un d'Clienten vun der Bankplaz. Parallell ass et awer gutt, wa mer eis weider dru maachen, fir d'Produkter vun der Finanzplaz ze diversifizéieren an den Know-how vun de Leit, déi op deser Plaz schaffen, no bausse besser ze vermaarten. Dofir hunn ech ganz besonnesch dee Volet vun den Ausféierung vum Budgetminister apprécieiert.

Eng weider Realitéit, déi sech hannert deene gudde Wirtschaftsdate verstoppt, ass déi: Wa mer weider eis Wirtschaft diversifizéieren an a Richtung Qualitätsprodukter wëlle goen, da brauche mer logescherweis eng gutt qualifizéiert Main-d'oeuvre. Mir gi ganz kloer an déi Richtung an dofir musse mer um Niveau Education reagéieren. Den Här Graas huet awer och d'Proposition gemaach, fir iwwert de Modell „green card“ nozedenken. D'Steierreform muss eis weisen, ob den niddregen Héchststeuersaz vun 42 % op den 1. Januar 2001 a vun 38 % dat Joer drop Lëtzebuerg esou attrayant mécht, dass muer déi gewünschte Spezialisten de Wee op Lëtzebuerg fannen. Wann net, da musse mer iwwert d'„green card“ nodenken.

(Interruption)

Jo, also si mer jo d'accord.

Op alle Fall stellen ech mat Satisfaktioun fest, dass d'Regierung erkannt huet, dass en attraktive Steuerkader muss geschaf ginn, wann ee wëllt dese Land a Richtung héichwäerteg Déngschtleeschungen, Recherche, „new economy“ a sou weider bréngen. Do ass eng Logik an der Politik vun der Regierung, déi meng Fraktioun voll a ganz ënnerstëtze kann.

Hannert deene gudde wirtschaftlechen Donnéeë verbiergt sech drëtens, dass eis Ofhängegkeet vun auslännescher Main-d'oeuvre rasant méi grouss gëtt an dass d'Bevölkerung, déi zu Lëtzebuerg aktiv ass an zum Deel hei wunnt, jo och eis Infrastrukture sief et zum Beispill d'Schoulen, d'Stroossen oder den öffentlichen Transport bien entendu an Usproch huelen. Och hei stellen ech mat Satisfaktioun fest, dass des Regierung - an do sinn ech am Géigesaz zu mengem Virriedner - gewëllt ass, déi Infrastrukturen, déi haut feelen, schnell ze schafen a fir d'Zukunft schonns virzeplangen.

Do hu mer natierlech déi grouss Chance, dass déi staatlech Investitiounsfonge mat vill Geld gespeist kënnen ginn, dass mir eng ganz geréng Statsschuld hunn, dass d'Avoire vum Stat héich sinn, mä déi awer - wéi den Här Frieden eis d'lescht Woch hei ze verstoe ginn huet - keng Cagnotte duerstellen, déi een einfach esou erëm kann ënnert d'Leit verdeelen, mä dass si do sinn, fir duerch Gesetzter engagéiert Investitiounsdépenden ze couvréieren.

Déi Lëtzebuerger Finanzen sinn also käergesond, an dat solle se och bleiwen, fir dass mir net nëmmen d'Konsequenzen vum Wuesstum maîtriséieren kënnen, mä och nach genuch Spillraum hunn, fir an d'Zukunft ze investéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir e Budget ze maachen, brauch ee Recetten, déi mer virun allem op Grond vu Steiere kréien. Sinn d'Steieren ze héich, da musse mer se erofsetzen. Wat fir eng a wéivill mer se erofsetzen, dat muss natierlech studéiert an analyséiert ginn. Ech hu konstatéiert, dass et schon eng Rei vu Leit gëtt, besonnesch an der Opposition, déi dat wëssen, ier mer doriwwer diskutéieren.

Et muss ee kucken, wéi d'Recetten évoluéieren. An deem Joer stelle mer e rasante Wuesstum fest: Ëm 8 % wäert de PIB dese Joer wuessen. D'Regierung huet sech entscheet, hir ugekënnegt Steuerreform virzeéien, nodeem si d'Evolution vun de Recetten nom zweete Steiertrimester analyséiert hat. Et war Spitt do, fir de Steiertarif erofzesetzen. Et ass vill iwwert des Tarifreform geschwat a geschriwwen ginn, elo schon am Virfeld. Et ass gesot ginn, d'Regierung hätt roueg nach eng Zill kënnen drop leeën - an dat seet jo och mäi Virriedner - . . .

(Interruptions)

...an nach méi schnell maachen. Dat heescht also, am beschte scho fir gëschter. Ech mengen awer, datt hei zum richtege Moment richtig gehandelt ginn ass. D'Zuele lounge um Dësch an et ass eng Steuerreform, déi sech an zwou Phasë spléckt, beschloss ginn. D'Leit wäerten op den 1. Januar 2001 méi Geld an der Täsch hunn an de Finanzement vum Stat sengen Aufgaben a sengen Investitiounen gëtt doduerch net a Fro gestallt.

Steuerreform mécht een awer net einfach an engem lofleere Raum. Ech hunn et virdru gesot: Mir mussen genau observéieren, wat ronderëm eis an Europa geschitt an oppassen, wat déi wirtschaftlech Zwäng vu Lëtzebuerg sinn. De Standuert Lëtzebuerg muss kompetitiv bleiwe vis-à-vis vun den Handelspartner. Däitschland, Frankräich an d'Belsch wäerten hir Steuerlaascht och senken. Dann ass et gutt a wichteg, datt mir eis Steuerlaascht mat dëse Länner vergläichen an am Noutfall Adaptatiounen maachen.

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Net fir eis Leit!

M. Jean-Paul Rippinger (DP). - Dach! A fir d'Grenzgänger.

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Très bien!

M. Jean-Paul Rippinger (DP). - D'Steuerlaascht eleng geet awer net duer, fir d'Kompetitivitéit vum Standuert Lëtzebuerg ze erhalen, dofir muss genuch Geld do sinn, fir an d'Moderniséierung vun eisen Infrastrukturen ze investéieren. Et muss awer och an de Mënsch investéiert ginn, a säi Wëssen, a säi soziaalt Ëmfeld an a seng Ëmwelt.

(Interruption)

Dat si keng Platituden, Här Asselborn!

(Interruption)

D'Regierung kann ech dofir nëmme félicitéieren, datt si all dës Konditiounen erfëllt mat dëser Steueradaptatioun, déi an eisen Aen zum richtege Moment kënnt. D'nächst Joer sollen d'Abatementen ënnert d'Lupp geholl ginn.

M. Jean Asselborn (LSAP). - Et ass wéi beim Voltaire!

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Am Juli hutt Der gesot, dat kënnt an zwéi Joer. Do hutt Der awer Är Meenung e bësse geännert!

M. Jean-Paul Rippinger (DP). - Jo, jo! Ech hat jo dunn déi Chifferen nach net, déi ech dräi Wochen drop kritt hunn!

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Mir hate se awer! Firwat hat Dir se dann net? Kritt Dir net all d'Chifferen?

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

M. Jean-Paul Rippinger (DP). - Well Dir och Bréiwer hutt, déi mir net hunn, ...

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Dir musst lech e bëssche méi beméien!

M. Jean-Paul Rippinger (DP). - ... well Dir a Ministère Leit sëtzen hutt, déi lech déi zouspillen a well ech awer nach net an der Regierung war, konnt ech déi Informatiounen jo nach net hunn!

Plusieurs voix. - Ah! Très bien!

M. Jean-Paul Rippinger (DP). - Gesitt Der!

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Ah sou! Soss wiert Der awer och där Meenung gewiescht?

M. Jean-Paul Rippinger (DP). - Selbstverständlech!

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Réckwierkend?

M. Jean-Paul Rippinger (DP). - Ech hätt lech ënnertstëtzt, Här Krecké!

(Interruptions)

D'nächst Joer sollen d'Abatementen ënnert d'Lupp geholl ginn. Ech hoffen, Här Minister, dass och eppes fir d'Jonggeselle gemaach gëtt.

(Interruptions)

Une voix. - Dir sidd dach net Jonggesell!

(Hilarité)

M. Jean-Paul Rippinger (DP). - Ech schwätzen am Numm vu ville Jonggesellen!

(Interruptions)

Dobäi waart d'Regierung nach op d'Konklusiounen vun der Etüd iwwert d'sozial Transferten.

(Interruptions)

D'nächst Joer soll och gekuckt ginn, op wat fir eng Aart a Weis d'Steuerlaascht soll bei den Entrepreneuren op 30 % erofgedréckt ginn.

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

Meng Fraktioun kann dës Virgoensweis nëmmen ënnertstëtzen, well si engersäits d'Steuerlaascht vun de Particulieren an den Entrepreneuren erofdréckt, an anerersäits de Fonctionnement an d'Investitiounskapassitéit vum Stat erhält.

An dësem Zesummenhang gëtt jo och erëm d'Iddi vun der Negativsteuer oder dem Biergergeld diskutéiert.

(Interruption)

D'DP hat dës Iddi och 1994 an hirem Walprogramm.

M. Alex Bodry (LSAP). - Konnt Der lech dës Kéier duerchsetzen?

M. Jean-Paul Rippinger (DP). - Mir ware jo dunn nach net an der Regierung.

M. Alex Bodry (LSAP). - Konnt Der lech duerchsetzen?

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Eben! Dofir lancéieren ech jo lo erëm d'Iddi.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Den Här Graas ass net iwwerzeegt, dass...

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- D'DP hat dës Iddi och 1994 an hirem Walprogramm an d'Diskussioun erabruucht. Dës Iddi, déi d'Akomesbesteuerung an d'sozial Leeschtungen zesummeféiere wëllt, ass leider deemools zevill schnell an der Walcampagne niddergemaach ginn.

(Interruption)

Ech kommen dozou!

D'Demokratesch Partei huet du versicht an hirem Positionspabeier iwwert d'Kannergeldpolitik vum 2. Mee 1997, um Beispill Kannergeld ze weisen, wéi een eventuell kéint an dësem Beräich Steuerpolitik a Kannergeld besser matenee kombinéieren. Ech wëll net méi op all déi heroesch Diskussiounen agoen, déi dunnt hei am Parlament an och ausserhalb vum Parlament gefouert gi sinn. Ech weess, dass net jiddferree mat dëser Approche d'accord ass, dat ëmsou méi keng prezis a praktesch Rechemodelle virleien wéi zum Beispill eng Matrice des transferts sociaux. Sou Beispiller existéieren net, déi engem et géifen erlaben, trotz allem déi Iddi hei ze verdéiwen.

Ech fannen dofir dem Rapporteur seng Positioun gutt, fir zum Beispill am Kader vun engem Programme de recherche dës Iddi ze verdéiwen. De Virschlag vun der Negativsteuer, dee jo och zum Deel bei der Opposition Uklang fonnt huet, wann ech d'Aussoen an der Press richteg gedeit hunn, ass nämlech, nieft senger reng rechnerescher Komponent, immens komplex, wat déi reng praktesch Ausféierung ugeet. Hei stellt sech zum Beispill och d'Fro, ob et iwwerhaupt méiglech ass, dës Iddi mat de bestoenden europäesche Regelungen an Aklang ze bréngen.

Et stellt sech zum Beispill d'Fro, wéi an ënnert wat fir enger Form dann nach Transferte vu Sozialleeschtungen an d'Ausland méiglech sinn, wouzou mir eis awer am Moment verpflichtet hunn, iwwer europäesch an och zousätzlech iwwer bilateral Ofkomme mat eisen europäeschen a souguer mat net europäesche Partner. Déi Saach vun der Negativsteuer ass also schrecklech komplex an eisen Aen an dofir solle mir, wa mir dat wëllen, fir d'éischt eis emol prezis Grundlage schafen, fir esou eng Diskussioun heibanne sachlech ze féieren.

M. Jean Asselborn (LSAP).- Eng Etüd?

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Wann Dir d'Piëcen hutt - an Dir hutt se jo ëmmer alleguer -, kënne mir direkt ufänken ze diskutéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et gëtt nach vill Themen, déi een am Kader vun dësem Budget

uschneide kéint a wou d'Regierung ganz eendeiteg nei Akzenter gesat huet zum Beispill an de Beräicher Educatioun, Ëmwelt, Fuerschung, E-Commerce a sou weider. Meng Fraktiounskolleege wäerten no mir am Detail op munnech vun dësen neien Akzenter, déi d'Handschrëft vun enger neier Regierung droen, agoen.

Erlaab mir just, dass ech nach op de Fonctionnement vum Stat aginn. Den Här Graas huet a sengem Rapport erëm d'Iddi an d'Spill bruecht, fir dass mir an Zukunft bei all Gesetz, dat mir hei an der Chamber stëmmen, eis vergewësseren, dass d'Exekutiv, de Stat also, och à même ass en hommes et en moyens déi Gesetzter, déi mer hei stëmmen, ze exekutéieren. Dës Iddi, déi schonn e puermol lancéiert ginn ass, ass net nei. Mä si ass awer derwäert, dass mer driwwer diskutéieren a se och verdéiwen.

Ech sinn der Meenung, dass mir eis an der Chamber vill ze wéineg d'Moyene ginn, fir ze kontrolléieren, ob déi Gesetzter, déi mer hei stëmmen, och kënnen an de respektive Verwaltungen exekutéiert ginn. Et ass zevill einfach, wa mer dono soen, dass hei an do net klappt an dass hei oder do eng Fra oder e Mann misst agestallt ginn. Am Sënn vun enger permanenter administrativer Reform ass dofir dee Virschlag richteg, fir dass eis déi respektiv Ministeren, Ministèren oder Statssekretären, hir Vertrieeder hei an der Chamber, dann, wa mer Projeten an de Kommissiounen analyséieren, géifen Opschloss doriwwer ginn, wéi si dat eent oder anert Gesetz och wëllen effikass exekutéieren.

Dat géif och déi Responsabel selwer derzou bréngen, sech permanent a méi déifgrënneg Gedanken driwwer ze maachen, wéi een d'Verwaltungen méi effikass organiséiere kéint, fir dass si och en effizienten Déngscht um Bierger kéinte leeschten. Allzeoft kréien haut d'Beamten an de Verwaltungen de schwaarze Péiter an d'Hand gedréckt, woubäi et awer selten hir Schold ass. Ech mengen, mir als Chamber sollten och eis Verantwortung iwwerhuelen an derzou bäidroen, dass eise Stat méi effikass fonctionnéiere kann.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Ech géif lech hëllefen, eng besser Lecture ze maachen, mä...

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Ech huelen als Beispill d'Fleegeversécherung.

Ech kucken net duerch deen do Brëll, Här Krecké!

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Ech hat e leie gelooss, Här President, an der Hoffnung, hien hätt eng besser Lecture.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Vu dass ech net duerch dee Brëll do kucken, hätt dat mech och guer näischt gedéngt!

M. Gast Gibéryen (ADR).- Schwätzt eis och nach e bësschen iwwert d'Waasserwirtschaftsamt!

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Ech kann lech iwwer alles schwätzen.

M. le Président.- Ënnerbriecht dach de Riedner net dauernd! Lauschtert no!

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Also hire Calvaire ass geschwënn eriwwer, ech si gläich fäerdeg.

Ech huelen als Beispill vun deem, wat ech virdrun zitëiert hunn, d'Fleegeversécherung. Do ass e Gesetz gestëmmt ginn, wat a sengem Inhalt sécherlech gutt ass, wat awer, zënter et a Kraaft getrueden ass, um Niveau vun der Exekutioun eng ganz Rei Problemer opgeworf huet. Do si sech, menger Meenung no, hei an der Chamber net genuch Gedanke gemaach ginn, wéi een dat Gesetz kéint exekutieren, fir datt déi Versprechen, déi de Leit gemaach gi sinn, och schnell an effikass hätte kënnen ëmgesat ginn.

Dat ass emol guer kee Virwurf un iergendeen, mä et ass e Beispill, dat weist, wéi mir an Zukunft dat kéinte besser maachen. Ech sinn awer och frou feststellen, dass d'Regierung seriö un der Verbesserung vum Fonctionnement vum Stat schafft. Et ginn net nëmmen zousätzlech Leit agestellt, mä virun allem gëtt och dorunner geschafft, fir d'Verwaltungs mat modernem informatischem Equipement auszerüsten. Als Beispill huelen ech do, dass d'Kreditter vum Centre informatique ëm 23 % par rapport zum Budget 2000 klammen. Dat ass, a mengen Aen, eng wichteg Virraussetzung, wa mer wëllen eise Statsapparat deene moderne Gegebenheeten upassen. Hei besteet nach e ganz groussen Nohuelbedarf.

Och d'Gesetz iwwert den Dateschutz muss dofir ofgeännert ginn, fir datt d'Informatiounen tëschent den Administratiounen besser kënnen zirkuléieren. Dat schéngt mir eng wichteg Prémisse ze sinn, wa mer wëlle verschidden doubles emplois verhënneren, beziéungsweis de Bierger an den Entreprises onnéideg Gäng bei d'Verwaltungen erspueren.

Et kënnt een nach vill zu deem engen oder anere Volet vun dësem Budget 2001 soen. Meng Fraktiouns-kolleege wäerten am Laf vun den Debatte méi prezis op déi Sujeten agoen. Erlaab mir awer nach zum Ofschloss op d'Virwërf anzegoen, déi dës Regierung, besonnesch am soziale Beräich, gemaach krut.

D'lescht Joer huet den Här Bodry aus enger Ried vu mengem Virgänger zitëiert - dat war den Här Grethen -, wou dës sot, mir missten oppassen, dass mer net an eng Vollkaskogesellschaft schlidderen. Hien, den Här Bodry, huet der Regierung Folgendes virgeworf, an ech zitëieren en als Ofschloss vun där Interventioun. Dir gesitt, dass ech eng excellent Lecture hunn.

„Déi eischt 100 Deeg vun der neier Regierung hu gewisen, wou hiert soziaalt Häerz schléit. Dat schléit net bei den Zuelen, mä a Wierklechkeet bei den Dossieren, an dat an nëmmen dräi Méint. Et ass e

kaalt Häerz fir d'Fuerderunge vun de Gewerkschaften.“

D'LSAP huet, wéi et schéngt, d'Politik vum OGB-L erëm nei entdeckt. Et muss erëm ëmverdeelt ginn, esou vill wéi méiglech, a mäi Virgänger, den Här Lucien Weiler, huet dozou e ganz schéint Zitat aus dem „Lëtzebuerger Journal“ bruecht, wou dat ënnermauert gëtt.

Dass de Mindestloun, den RMG an d'Renten op den 1. Januar 2001 eropginn, dass d'Steieren op den 1. Januar 2001 an dann nach emol op den 1. Januar 2002 erofginn, dat schéngt ignoréiert ze ginn, vläicht souguer wéssentlech. Dat ass gutt mä net genuch, schéngt hire politesche Motto ze sinn. Dass mir awer nach dës sozial Mesure musse finanzéieren, dass mer musse vill Investitiounen tätegen, fir Lëtzebuerg op seng Zukunft virzebereeden, dat schéngt weider keen ze interesséieren. Dat ass och e bëssen zevill komplizéiert, wann ee wëllt eng einfach Politik maachen, well et ass esou einfach sech beim Bierger mat der Géisskan lieb Kind ze maachen.

Haut kënnt ee sech oftmools vir, wéi wann een op enger Stee wier.

(Interruptions diverses)

Dat ass och richtig. Ech hunn dat och esou ëmfonnt. A besonnesch den Här Bodry, dee war bestëmmt schonn op Steeën, dee weess wéi dat do ass.

D'LSAP gëtt net midd, fir der Regierung hir Positionen ze iwwertrompen. Meng Fraktioun op alle Fall ënnerstëtzt dës Regierung.

M. Robert Mehlen (ADR).- Pacta sunt servanda!

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Dat ass eng ganz wichteg Ausso „Pacta sunt servanda“. A wann ech dann an der Linn vu menger Partei bleiwen, dann hu mer jo e „Pacta sunt servanda“. Dat ass den Accord de coalition.

Une voix.- Mir hunn der zwee.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Neen, bis elo ass et nach ëmmer nëmmen ee ginn, an deem ass bis elo nach ëmmer agehale ginn, just dass vläicht d'Steierreform virgezu ginn ass. Mä dat war ënnert dem Drock vun de Sozialisten.

M. Alex Bodry (LSAP).- Do kënnt Der d'Zitat aus menger Ried vum leschte Joer huelen.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Also war dat e gudden Drock am Intérêt vum Land an am Intérêt vun de Bierger.

Meng Fraktioun op alle Fall, Här President, ënnerstëtzt dës Regierung, well se nei Zeeche fir d'Zukunft vu Lëtzebuerg setzt.

Une voix.- Dat hutt Der scho gesot.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Neen, ech hunn dat nach net esou gesot. Aneschters formuléiert.

Dës Regierung huet an hirer Politik eng klor Linn. Et ass natierlech net d'Linn vun der LSAP.

M. Alex Bodry (LSAP).- Gott sei Dank!

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Jo, Gott sei Dank. Dat stëmmt.

Et ass net déi Linn, déi bedeite géing, dass mir eis op de Lorbeeren ausroue géifen. Et ass och net déi Linn, déi bedeit, dass mer de Räichtum vun haut consom-méiere sollten. Et ass déi Linn, déi rasonnabel ass an déi seet, dass mir an d'Zukunft vun dësem Land konsequent investéiere mussen.

Dës Regierung stellt dës Wëllen an hirem Budget 2001 androcksvoll ënner Bewäis, an dofir, Här President, wäerte mir dësem Budget voll a ganz zoustëmmen.

Ech soen lech merci.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Da si mer elo berouegt!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Xavier Bettel (DP).- Super!

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Gast Gibéryen agedroen. Den Här Gibéryen huet d'Wuert.

(Interruptions)

M. Alex Bodry (LSAP).- Historesch!

(Interruptions et hilarité)

M. Gast Gibéryen (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat hei ass am Fong deen éischte Budget, wou ee ka soen, datt e vun där neier CSV-DP-Regierung opgestallt ginn ass. Dee leschten hat nach lwwerbleibsele vun der sozialistescher Partei mat dran, wéi déi an der Regierung waren. Et war awer och den éischte Budget, dee vun engem Deputéierte vun der Demokratescher Partei hei virgedroe ginn ass, an dofir, mengen ech, waren d'Erwaardungen, déi mer alleguer un dee Rapport gestallt haten, ...

(Interruption)

...op Grond vun deem, wat d'Demokratesch Partei an der ganzer Walcampagne a virun allem déi Méint a Jore virun de Walen hei vu sech ginn huet, net nëmme bei eis, mä, géif ech mengen, am ganze Land ...

Une voix.- Oh!

M. Gast Gibéryen (ADR).- ...héich, an dofir war eben och d'Resultat, nodeem mer dat héieren hunn, enttäuschend!

Et war e flaache Rapport dëst Joer. Et war en décke Rapport vun 163 Säiten, mä et huet ee keng Akzenter a keng Visiounen an deem Rapport fonnt! Virdrun, ...

(Interruption)

...an deene Jore virdrun, Här Weiler, hunn d'Rapporteure sech an der Regel ëmmer een Thema erausgeholl, wat se déif analyséiert hunn, wou se dann och versicht hunn, richtungsweisend Propositionen ze maachen. Déi grouss Offensiv, déi ugekënnegt gi war vun der liberaler Partei, huet een net fonnt! Et war héchstens eng Offensiv an der Opzielung vun alle méigleche Problemer, déi et hei am Land gëtt, mä keng Spuer vun der DP-Offensiv, déi an hirem Walprogramm stoung!

Et ass net nëmme schued, datt d'Demokratesch Partei déi Offensiv net eriwwer bruecht huet, déi se ugekënnegt hat, mä et ass ëmsou méi schued, well een dofir weess, datt an dëser Regierung d'CSV nach méi ze soe kritt, wéi dat an deene 15 leschte Jore bei de Sozialisten de Fall war! Dofir ass et ëmsou méi wichteg, datt mer eis als Opposition méi kritesch mat där Regierung hei auserneesetzen, a mir brauchen am Fong net sou op d'DP opzepassen, mä et muss een am Fong méi drop oppassen, wat d'CSV mécht, well d'DP mécht dat, wat d'CSV seet!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ...

(Interruptions)

...d'wirtschaftlecht Ëmfeld vun dësem Budget stëmmt! Ech mengen, de Wirtschaftswuesstum weist Rekorder op, déi mer ni kannt hunn hei zu Lëtzebuerg, déi wäit iwwert den europäeschen Normen leien.

(Interruption)

D'Inflatioun ass iwwer eng Rei vu Joren niddreg gewiescht, mä et muss een awer wëssen, datt d'Inflatioun am Abléck hei zu Lëtzebuerg och eng steigend Tendenz huet, am Abléck iwwer 4 %, an am Joresduerchschnitt rechent de Statec 2,1 % Inflatioun aus. D'Eckwäerter vum Budget stëmmen op Grond vun deene Faiten, déi ech elo grad genannt hunn. D'Reserve sinn héich, d'Statsschold ass niddreg, a bis d'Joer 2007 ass d'Statsschold prévisiblement op Null! D'Steigerung vum Budget läit bei 12,76 %, soudatt een am Fong, wat déi finanziell Situatioun vum Land ubelaangt, net ka vun enger Krisestëmmung schwätzen! Au contraire: D'finanziell Situatioun vum Land ass sou gutt wéi ni!

D'Fro, déi sech stellt, ass, wat mer mat deene Finanzen, mat der finanzieller Situatioun maachen, ob mer dat och richteg applizéieren, ob mer dat och, an d'Zukunft gekuckt, kënnen zu Lëtzebuerg applizéieren. Do waren, mengen ech, an deene leschte 14 Deeg zwee wichteg Sommerten, deen zu Bréissel an elo de leschte Weekend deen zu Nice, wou grouss Décisiounen

geholl gi sinn, déi och fir Lëtzebuerg vun enormer Wichtigkeet waren.

Mir hu viru 14 Deeg hei an der Heure de questions den Här Statsminister gefrot, Erklärungen ze kréien iwwert dat, wat zu Bréissel négociéiert ginn ass, an dat, wat en eis hei gesot huet, kann eis zefridde stellen, wann dat am Dezember 2002, wann den Accord, den Traité, definitiv négociéiert a signéiert gëtt, och antrëfft.

Et ass doropshin, wou mer d'Regierung aschätzen, net op Grond vun deem, wat elo gesot ginn ass, well wa mer dat héieren, wat d'Lëtzebuerger Regierung hei seet, wou mer keng Ursaach hunn, drun ze zweifelen, an dat vergläiche mat deem, wat an der internationaler Press geschriwwen gëtt, souwuel iwwer Bréissel wéi iwwer Nice de leschte Weekend, da muss een zumindest wëssen, datt verschidde Leit eng aner Lecture vun deenen Texter hunn, déi mir hei presentéiert kritt hunn. Dofir géif ech dat nach eng Kéier zitieren, wat den Här Statsminister viru 14 Deeg hei gesot huet:

„Wann et an e puer Joer drëm geet, a siwe Joer, nom Akraafttriede vun der Direktiv, fir zu engem Informationsaustausch generell iwwerzetrieden, musse virum Enn vum Joer 2002 erkennbar Garantien do leie vun Drëttstaaten, gläichwäerteg Moosnamen anzeféieren, a vun deenen dependenten, associéierten Territoiren, fir déi gläich Moosnamen anzeféieren. Och dat gehéiert mat zur Appréciatiouns- an Évaluatiounsmass, déi de Conseil muss virleien hunn, ier e virum Enn vum Joer 2002 a) iwwert d'Aféierung vun der Quellesteier a Bankgeheimnislänner a b) iwwert d'Iwwerwiessele vun der Quellesteierléisung zur Informationsaustauschléisung fréistens siwe Joer no der Aféierung vun der Quellesteierléisung beréit.

Dobäi läit nach eng Lëtzebuerger Erklärung, déi daitlech mécht, dass équivalent Moosnamen an eisen Aen datselwecht ass wéi identesch Moosnamen, wann et ëm d'Aféiere vum Informationsaustausch geet. Dat heescht, dass mer mengen, dass déi Léisungen, déi et an der Schwäiz, a Liechtenstein, zu Monaco an op anere Plaze gëtt, musse vergläichbar sinn - wéi en Zwilling - mat deene Moosnamen, déi an Europa agefouert ginn.“

Wann déi Ausso den Dezember 2002 Wourecht gëtt a Form vun den Traitéen, da si mir mat der Regierung averstanen a stinn och op hirer Säit, genau wéi, Här President, Lëtzebuerg mat de Resultater vun Nice sécherlech och kann zefridde sinn, an ech mengen, haut de Mëtten, virum Här Statsminister, huet och d'Ausseministes an der zoustänneger Kommissioun déi Donnéeë ginn. Lëtzebuerg behält säi Kommissär, mir behalen eis sechs Europaparlamentarier, an d'Stëmmege wicht geet vun zwee op véier erop.

Mä et muss een awer wëssen, datt mer bei all deenen neie Moosnamen an Europa awer méi kleng gi sinn. Och wa mir eis sechs Deputéiert behalen, sou geet d'Zuel vun den Deputéierten insgesamt erop, an och wann eis Stëmmenzuel vun zwee op véier eropgeet, sou geet d'Zuel vun de Stëmmen insgesamt erof, an déi grouss State verdräifachen hire Pouvoir.

Loosse mer éierlech sinn, Här President, Dir Dammen an Dir Hären: Mat deenen zwee Kritären, wat d'Awunner wéi wat d'Stëmmen ubelaangt, wäerte mir, wéi och an der Vergaangenheet, als Lëtzebuerg ni eng grouss Roll kënne spillen! De wichtigste Kritär ass deen, wou eng Majoritéit vun de Länner muss do sinn, wou dann eng Stëmm vu Lëtzebuerg souvill weit wéi déi vun engem anere Land.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, e Budget, dat sinn awer net nëmme Chifferen, Milliarden - oder Milliounen neierdëngs, well mer mat Euroe fueren -, mä et muss een awer och kucken, wéi ech et virdu gesot hunn, wou mer wëllen als Land histeieren, an d'Fro vun deene 700.000 Awunner ass de Mëtten hei schonn e puermol opgeworf ginn. All d'Parteie schwätzen dovun. Keng wëllt et anscheinend!

Wa mer dat Tëscheresultat vun der Etüd iwwert d'Rentewiese kucken, wou déi Opstellung gemaach hu mat engem Wirtschaftswuesstum vun 2 % iwwer 50 Joer an eng aner Opstellung vu 4 % Wirtschaftswuesstum iwwer 50 Joer, da stelle mer fest, laut deenen hiren Aussoen, datt bei 2 % Wirtschaftswuesstum d'Beschäftigungsquot hei zu Lëtzebuerg, iwwer 50 Joer gesinn, konstant bleift bei där Zuel, wéi mer se haut kennen. Wa se op 4 % eropgeet, iwwer 50 Joer: Déi 2 % méi vun 2 op 4 géifen dann awer mat sech bréngen, datt d'Beschäftigungsquot sech quasi géif verdräifachen a mer op 700.000 net Awunner, mä Salariéë géife kommen, dat Ganzt ouni Aarbechtszäitverkierzung!

Mir musse wëssen, wa mer hei diskutéiere vu Wirtschaftswuesstum, datt e Wirtschaftswuesstum net nëmme e Plus u Recetten an der Statskeess, mä och e Plus un neie Leit bréngt, déi hei an d'Land musse schaffen kommen, an dofir musse mer eis och de Konsequenze vu sou enger Politik bewusst sinn, wat d'Infrastrukturen ubelaangt, d'Stroossen, den öffentlichen Transport, d'Schoulen, mat allem, wat dozou gehéiert, de Wunnéngsbau, d'Baupräisser, d'Zersiedlung vun der Landschaft a sou weider.

En anere Punkt ass d'national Identitéit. Och wa Lëtzebuerg en Integratiounsland par excellence ass, dierft eng Entwécklung a Richtung vu 700.000 Awunner méi wéi sécher, wat d'Integratioun ubelaangt, problematesch ginn, problematesch, well wou gi mer déi Leit iwwerhaupt sichen? An d'Grenzregioun kënne mer déi grouss Zuel vu Leit sécherlech net siche goen. Gi mer se a Richtung Oste sichen? Problematesch gëtt et awer

och, wat eis Identitéit ausmécht, eis Kultur, eis Sprooch, e Lëtzebuerg, wou d'Lëtzeburger zur Minoritéit ginn.

Verschidde Leit menge jo, mir missten eis mat där Entwécklung offannen! D'Fro, déi mer eis musse stellen, ass: Ass dat de Präis, dee mer musse bezuele fir de wirtschaftlechen Opschwong? Mir soen als ADR kloer Neen zu där Entwécklung, an dofir hu mer och decidéiert, d'nächst Joer e spezifesch Parteikongress ze maachen, fir sech mat dësem Thema intensiv ze beschäftegen! Als Land an als Politik musse mer reagéieren, op wirtschaftlechem Plang! An der Vergaangenheet war déi Regierung, déi déi meeschten Aarbechtsplaze geschaaft huet, ëmmer déi bescht!

De Statec gëtt eis regelméisseg Analysen, a mir konnte feststellen, datt mer an deene leschte véier Joer konstant ongeféier 10.000 Leit pro Joer an der Moyenne nei oder netto agestallt hunn, wat e Rekord ass. Fréier hate mer Spëtzen, et ass emol erofgaangen, mä iwwert déi lescht véier Joer ass déi Entwécklung konstant bliwwen. Dofir musse mer dee steierpolitesche Spillraum bei der Steuerreform notzen, fir Lëtzebuerg fir net egal wat fir Betriber interessant ze maachen!

Mir mussen oppassen, wa mer d'Betriebssteuer senken, datt mer net Betriber unzéien, déi mer net onbedéngt hei am Land wëllen, keng lounintensiv Betriber, déi vill Leit beschäftegen, keng Betriber, déi net absolut mat den ekologesche Prinzipien am Aklang stinn, keng Betriber, déi grouss Flächen an Usproch huelen. Hei kann een z. B. iwwert de Wee vu regionalen an nationalen Industriezonen eng gewëss Steuerung dra kréien.

Zur nationaler Identitéit: Och hei musse mer als Politik reagéieren, wa mer d'Situatioun haut scho kennen a wëssen, wou se histéiert, och wa mer net wëllen op 700.000 Awunner kommen. D'Identitéit fir Lëtzebuerg ass ouni Zweifel eis Sprooch. Virun zwou Woche ware mer eis heibanne quasi alleguer eens bei der Debatt iwwert d'Schoulproblematik, datt d'Sprooch den Haaptintegrationsfaktor ass a muss bleiwen. Mir waren eis quasi eens, datt Lëtzebuergesch an eisem Schoulsystem, virun allem am Précoce, Préscolaire a Primaire, déi Sprooch muss sinn, wou all Kand sech am beschte kann integréieren.

Mä investéiere mir och genuch an eis Sprooch? Sécherlech net! D'Ziel vum Léierpersonal ass ze niddreg. D'Surnuméraires kréie keng fest Ustellung. Dofir proposéiere mer, et soll een déi Leit fest ustellen, well mer net genuch Leit an eise Schoulen hu fir déi spezifesch Erausforderung, déi Lëtzebuerg huet mat engem maximale Prozentsaz un Net-Lëtzeburger, vun deene grouss Deeler och eis Sprooch net schwätzen.

Dofir soe mer: Et muss een d'Klasseneffektiver där Situatioun upassen. Et soll een och versichen, vläicht Spezialschouljoren anzeféieren, wou een auslännesch

Kanner, déi an d'Land kommen, an e Schouljoer schéckt, wou se intensiv op d'Lëtzeburger Sprooch preparéiert ginn, och wa se doduerch e Joer verléieren, mä doduerch sécherlech besser duerch eise Schoul-system ginn, wéi wann dat net de Fall wär.

Mä och an de Betriber musse mer intensiv Sproochecoure maachen. Wa mer an d'Grenzregioun kucken: Souwuel an Däitschland wéi hei vir a Frankräich gi ganz vill Sproochecouren haut gemaach, fir Lëtzebuergesch ze léieren, an d'Zäiten, fir an engem Cours bäizekommen, sinn zwee bis dräi Joer hei vir a Frankräich. Et ass also net, datt déi Leit net wëlle Lëtzebuergesch léieren! Dofir soe mir och, datt ee soll an de Betriber intensiv Sproochecouren aféieren. Dat mussen elo net onbedéngt Enseignantë sinn, déi Coure maachen, mä wann de Stat d'Material zesumme stellt a Beamten aus dem Betrib e bësse forméiert, da si mer schonn der Meenung, datt déi Leit während der Aarbechtszäit och do kënnen hir Coure kréien, an dat Ganzt soll staatlech finanzéiert oder subsidiéiert sinn.

Mir musse bereet sinn, een Deel vun deem Geld, wat mer mat eisen auslännesche Matbierger zesumme verdingen, an eis Identitéit ze réinvestéieren, fir datt se iwwerleift!

D'Nationalitéit ass e weidere Kritär vun der Identitéit. Als ADR hate mir an eisem Walprogramm stoen, datt mer, wat d'Openthaltsdauer hei am Land ugeet, déi vun 10 op fënnf Joer soll erof goen, dofir wieren, a mir sinn och dofir domat averstanen. Mir halen awer drop, datt d'Lëtzeburger Sprooch muss e Kritär bleiwen, fir d'Lëtzeburger Nationalitéit kënnen ze kréien.

E weidere Punkt, op deem ech hei wëll agoen, deen och scho meng Virriedner ugeschwat haten, ass d'Steuerreform. Ech mengen, d'Steuerreform ass vun der Oppositoun scho laang gefuerdert ginn. D'CSV an d'DP hu gesot, si géifen eréischt 2002 dës Reform maachen. Haut hunn den Här Rippinger an den Här Weiler hei sou gemaach, wéi wann dat dat Normalst vun der Welt wier, datt déi Steuerreform hei géif kommen, an dofir géif ech mer erlaben, Här President, se kuerz aus hire Riede vum leschte Joer zum Budget ze zitieren.

Den Här Weiler als Éischten huet hei gesot, virun engem Joer: „Si wëssen, datt, wann een déi effikass wëll gestalten - e schwätzt vun der Steuerreform -, och strukturell wëll gestalten, een dat net kann aus den Äerm rëselen. Dann ass dat eng Aarbecht, déi Zäit kascht, déi sech net bannent engem Joer maache léisst. Deementspreechend schéngt eis deen Datum, deen eis proposéiert ginn ass, den 1. Januar 2002, raisonnabel ze sinn.“

Dann huet den Här Rippinger hei gesot: „Mä mir mengen, mir sollten eis Zäit loossen, ier sou eng Steuerreform an der Chamber passéiere kann, well mer am Joer 2000 all d'Analysen, déi néideg sinn, fir eng gerecht Reform op d'Been ze kréien, musse kréien, an dann, 2002, kann déi Steuerreform ulafen.“

Dat heescht, souwuel den Här Rippinger wéi den Här Weiler hunn d'lescht Joer hei gesot, datt déi Steuerreform net kënnt. Als Eenzeggen huet dat d'Opposition gesot, well déi Steuerreform fir eis och keng Steuerreform ass. Et ass och keng Steuererlicherung, mä et ass eng längst fälleg Steuerupassung. Mir mussen och wëssen, datt déi Joren...

(Interruptions)

Ma mir wiere schonn d'lescht Joer domat d'accord gewiescht, Här Weiler, wann Der se du gemaach hätt, mä Dir hutt se net gemaach!

(Interruption)

Da lauschtert no! Ech si jo nach net fäerdeg, Här Weiler! Ech kommen och nach domat!

M. Lucien Weiler (CSV).- Mir stëmmen herno prezis doriwwer of! Mir froen e Vote par division! Mir komme schéi propper zu all deenen Artikelen. Da kënnt Der Är Meinung do nach eng Kéier soen!

(Interruption)

M. Gast Gibéryen (ADR).- Majo, ech ginn dovun aus, datt, wa mer hei mat deem Budget fäerdeg sinn, mer da kloer Verhältnissen heibannen hunn! Also,...

M. Lucien Weiler (CSV).- Jo, dat wäert Der gesinn!

M. Gast Gibéryen (ADR).- ...et ka jo net sou sinn!

Op jidde Fall: Ech mengen, et war ganz kloer, datt dës Regierung net virgesinn hat, fir eng Steuerreform - oder eng Steuerupassung - den 1. Januar 2001 ze maachen. Dat ass och net op Grond vun Etüden oder Recherche komm, mä just eleng doduerch, datt se, wéi se de Statsbudget opgestallt hunn, op eemol festgestallt hunn, datt, wa se keng Steuerupassung géife maachen, dann d'lwwerschëss am Budget enorm héich wäeren. Dat heescht an anere Wieder: Wa mer déi Steuerupassung hei net gemaach hätten, dann hätt d'Regierung missen dem Land an der Chamber e Budget presentéieren, deen 10 Milliarden dëst Joer lwwerschoss hätt an d'nächst Joer 15 Milliarden lwwerschoss.

Wéi hätte se dat kënnen engem Mënsch erklären, datt se eng längst iwwerfällg Steuerupassung, well während dräi Joer net méi un d'Inflation ugepasst ginn ass, net duerchgezunn hätten, an op där anerer Säit schonn am Budget Milliarden lwwerschëss gehat hätten. Wann dës Steuerupassung net komm wier, dann hätte mer eng Progressioun an de Recetten am Budget vu 16,8% gehat mat engem lwwerschoss vun 10 Milliarden, an dat wier doudsécher net vertrieubar.

Dofir ass se am Hauruckverfahren duerchgezu ginn an dofir war et och verständlech, datt verschidde Leit aus der Majoritéit - souguer Fraktiounspräsidenten - aus der Press op eemol erfuer hunn, datt eng Steuerreform schonn dëst Joer kéim.

(Interruption)

Sougutt wéi dee Fraktiounspräsident, vun deem ech elo geschwat hunn,...

(Interruption)

En ass amgaange mech ze ënnerbriechen, Här Präsident. Ech wollt en net mam Numm nennen, Här Rippinger, mä well en awer sou frëndlech ass, fir mech ze ënnerbriechen...

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Dir hutt jo vu mir geschwat!

M. Gast Gibéryen (ADR).- Ech hat mer och erwaart, datt den Här Rippinger da géif vun der Etüd schwätzen, déi dëst Joer sollt gemaach ginn, vun där en d'lescht Joer geschwat huet, wat d'Viraussetzung wier, fir esou eng Steuerupassung ze maachen.

D'Demokratesch Partei huet bei der grousser Steuerreform virun 10 Joer mat manifestéiert, wou déi chrëschtlech-sozial Regierung d'Wittfraen erëm zur Jungfrau, steierpolitesch gesinn, gemaach huet a wou d'Jonggeselle reklasséiert gi sinn. Ech hu gemengt, dat géif elo alles hei an dee Pak mat erakommen, mä vun all deem hu mer näischt gesinn.

Da gëtt gesot, Här Präsident, Dir Dammen an Dir Hären, et wier eng sozial Reform. Doranner ass eise Statsminister am beschten. Hie kann - dat wësse mer aus der Vergaangenheet - onwahrscheinlech gutt mat Zifferen jongléieren an...

(Interruption)

... hie seet ëmmer, datt virun allem déi sozial Schwaach hei am Land 100% vun de Steieren nogeloooss kréien an datt déi Villverdéngend nëmmen 8% nogeloooss kréien. Wann een dann awer aus deene Prozenter Frange mécht an et hält een zum Beispill eng Koppel mat zwee Kanner, déi ongeféier 1,2 Milliounen besteierbare Revenu huet, déi huet virun 29.760 Frang Steiere bezuelt, effektiv am Joer 2002 bezilt déi kee Frang Steiere méi. Déi huet also 100% Steuerermässeung kritt, mä u Frange sinn dat 29.760 Frang.

(Interruption)

An dann deen Décken, deen nëmmen 8% Steuererlicherung kritt, well dat hei jo eng sozial Reform ass, dee véiermol méi besteierbare Revenu huet, also 5 Milliounen, deen huet virun 1.536.760 Frang Steiere bezuelt, an dee bezilt no der Reform 1.241.800 Frang. Dat sinn nëmmen 19,19% manner Steieren, mä et sinn awer 294.000 Frang manner Steieren.

Dat heescht also, deen, dee véiermol méi verdéngt kritt zéngmol méi Steuerermässeung! Wat dorunner soll sozial sinn, dat wäert d'CSV eis nach an deenen nächsten Deeg hei intensiv...

M. Lucien Weiler (CSV).- Stëmmt Der et oder stëmmt Der et net?

M. Gast Gibéryen (ADR).- Mir stëmmen dëse Budget net, dat kann ech lech...

M. Lucien Weiler (CSV).- Neen! Stëmmt Der d'Artikele vun de Steieren?

Une voix.- Jo!

M. Lucien Weiler (CSV).- Majo dann, dat ass awer flott!

(Interruption)

M. Gast Gibéryen (ADR).- Déi Steuerreform ass scho längst iwwerfällég!

M. Lucien Weiler (CSV).- Se ass net gutt, mä Dir stëmmt se awer!

M. Gast Gibéryen (ADR).- Mir trieden an als ADR, Här President,...

(Interruptions)

... fir eng modern a gerecht Steuerreform:

Éischtens, d'Aféierung vun der individueller Besteuerung; dat ass och schonn de Mëtteg hei ernimmt ginn. Mir sinn der Meenung, datt mir bis zum 1. Januar 2002 zu deem Prinzip sollten iwwergoen. Deen zweete grouse Prinzip ass d'Ofschafe vun den Abattemen-ten zu Gonschte vun Allocatiounen, déi vun der Steierverwaltung ausbezuelt ginn. An deen drëtte grouse Prinzip ass d'Reduktioun vun den Tranches d'imposition.

Firwat d'Individualbesteuerung? Ech mengen, mir wëssen alleguer, datt mer wëllen e vereinfachte Steiersystem kréien a keng Diskriminéierung duerch de Steiersystem op Grond vum jeweilegen Etat civil vum Steuerzueler an d'Ophiewe vu Lëschte fiskaler Beno-deelegunge vu bestuetene Fraen. Wéi gesot d'Ofschafe vun de Steuerklassen.

D'Abattemente wëlle mer ofschafen, well se sozial ongerecht sinn. Ëmmer méi Leit hei am Land bezuele keng direkt Steiere méi. Déiselwecht Abattemen-ten dëngen hinnen also näischt. Leit, déi kleng Revenuen hunn, kënnen net vun den Abattemente profitéieren. Elo ass awer dat fir eis sozial ongerecht. Mir ginn lech och do zwee Beispiller:

Wa mer eng Fra huelen, déi zu lechternach wunnt an an d'Stad muss botze kommen, da muss se 35 km all Dag fueren. Se bezilt keng Steieren, huet also keen Abatement pour frais de route zegutt. E Bankdirekter, deen och vun lechternach ass, dee vläicht mam Chauf-

feur a mam Bankauto an d'Stad schaffe gefouert gëtt, huet duerch d'Steiergesetz Abattemente vun 101.400 Frang d'Joer zegutt. Wann en an der héchster Steuer-klass läit, da kritt deen doduerch Erspuerrnisse vun 48.000 Frang. Elo kann ee sech d'Fro stellen: Firwat kritt den Direkter, fir vun lechternach an d'Stad ze fueren, 48.000 Frang vum Stat fir seng Frais de route, a firwat kritt d'Botzfra, déi vun lechternach an d'Stad fiert, kee Frang?

(Interruptions)

M. Lucien Weiler (CSV).- Wéi ass et da mat deene 7 % bei de Renten? En Direkter aus dem Privatsektor, deen déi héchste Rent huet, kritt 7 % an d'Botzfra kritt och 7 %. Wéivill mécht do d'Differenz aus?

M. Gast Gibéryen (ADR).- Här Weiler, wann Der lech 10 Minutte gedëllegt, da bréngen ech lech genau dat Beispill do...

M. Lucien Weiler (CSV).- Da sot eis emol, wéivill dat ausmécht!

M. Gast Gibéryen (ADR).- ... bei de Renten. Ech hunn dat hei opgeschriwwen. Dir hätt och nach kënnen de Bankdirekter am Privatsektor huelen. Doduerch datt mer e Plafond cotisable hunn, ass d'Pensioun net sou héich. Fir dat do vill méi treffend ze beweisen, hätt Der misse soen tëschent enger Botzfra an, menget-wegen, dem Statsminister. Dann hätt ee wierklech eppes bei de Prozenter erauskritt, wat och derwäert gewiescht wier.

(Interruptions)

M. Lucien Weiler (CSV).- Wéi wär et, wa mer géife beim Privatsektor bleiwen? Déi 7 %...

M. Gast Gibéryen (ADR).- Mir kënnen och beim Privatsektor bleiwen.

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

Am Privatsektor ass déi déckste Pensioun...

M. le Président.- Ënnerbriecht dach de Riedner net dauernd! Deen huet gär, wann Der en ënnerbriecht, da kann en lech äntweren. Loosst en dach schwätzen!

(Hilarité)

M. Lucien Weiler (CSV).- Hie soll och eng Äntwert ginn, Här President. Mir erwaarden eng Äntwert vun him!

(Interruptions)

7 % bei der Botzfra a 7 % beim Bankdirekter. Wéivill mécht dat Differenz bei der Pensioun? Sot eis dat emol!

M. le Président.- Hien huet jo gesot, e géif lech et soen, da loosst en och schwätzen!

(Interruptions)

M. Gast Gibéryen (ADR).- Här President, ech ginn dovun aus, datt den Här Weiler net onbedéngt hei wëllt, datt ech hien d'Einmaleins soll léieren.

(Interruption)

En zweet Beispill: Wa mer eng Famill hunn, déi zwee Kanner huet, déi kritt en Abatement vu 96.000 Frang. Wann dat eng Famill ass mat kleng Revenuen, da kritt déi iwwert de Wee vun de Steiere kee Frang fir hir Kanner. Wa mer awer een huelen, deen um Plafond imposable läit, da kann dee vun deene 96.000 Frang Abatementen 49.920 Frang Steiere spueren. E kritt also vum Stat fir seng zwee Kanner 49.920 Frang Steieren nogelooss.

Mir soen: Dem Stat muss ee Kand sou vill wäert si wéi dat anert! Dofir proposéiere mir, déi Abatementen ofzesetzen a se duerch Tauxen ze ersetzen, déi fir jiddferen d'selwecht sinn a fir jiddferen ausbezuelt ginn. Dat heescht datt de Stat fir all Kand datselwecht gëtt an datt dat iwwert de Wee vun der Steierverwaltung gemaach gëtt.

Mir soen awer net, datt ee soll sämtlech Abatementen an enger Kéier ofschafen, well d'Abatementen am Fong - fir et op Däitsch auszedrécken - d'Wirtschaftslenkungsbestëmmungen a sech hunn. Et kann een awer net soen, datt een eng Wirtschaft lenkt, andeem een deem enge fir d'Kanner méi gëtt wéi deem aneren, oder deem enge fir de Kilometer, fir op d'Aarbecht ze fueren, méi wéi deem aneren. Domat mécht ee keng Wirtschaftslenkung an dofir sollen alleguer déi Abatementen ofgeschafft ginn.

Bei der Reduktioun vun den Tranché proposéiere mer, dräi Tranchen anzeféieren. Mir hunn dat och a Form vun enger Motioun gemaach, déi mer lech virleeën, wou Der kënnt gesinn, wéi mer dat wëlle maachen.

Här Weiler, Dir hätt et jo gär schwaarz op wäiss, da kritt Der dat! Mir stëmme jo och sebstverständlech dann doriwwer of, wéi Dir dat alles gären hätt. Domat menge mer, datt mer vill méi e gerechte System kréien, datt d'Leit vill méi laangfristeg hir Revenuen och steierpolitesch kënnen aschätzen, ier se an eng aner Tranche falen.

Da kommen ech zu deem Punkt, wat d'Renten ubelaangt, wou mer Bewegung an deene leschte Méint an d'Diskussioun kritt hunn. D'Bewegung ass am Fong erakomm, zënter datt d'Lëtzebuerger Sozialistes Aarbechterpartei an d'Oppositioun komm ass. Virdrun huet mäi Virriedner, den Här Rippinger, hei gesot, datt d'Sozialisten den OGB-L erëm entdeckt hätten. Dat war richtig, och wann ech net...

(Interruption)

...mat allem averstane sinn, mä do schéngt sech awer iergendwéi erëm e Mariage ze doen an et schéngt och schonn erëm sou en 9. Oktober in weiser

Voraussicht geplangt ze ginn. Mir wësse jo, wéi dat deemools war, sou schéngt dat och momentan ze goen.

Mä d'Sozialiste kommen elo op eemol a soen hei: Mir proposéieren en 13. Mount, 40.000...

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Dat ass keen 13. Mount!

M. Gast Gibéryen (ADR).- Wichteg an eemoleg!

M. Jeannot Krecké (LSAP).- En 13. Mount ass proportionell zu deem, wat een de Mount huet! Dat ass eppes anescht wéi dat do!

(Interruption)

M. Gast Gibéryen (ADR).- Här Krecké, d'Reservé vun de Pensioune sinn net eréischt sou héich, zënter d'Sozialisten an der Oppositioun sinn.

(Interruption)

Ech wëll lech soen, Här Krecké, datt an der leschter Regierung mer am Gesetz e Plaffong stoen hate vun 2,5-mol d'Joresdépenden an datt mer souguer doriwwer erausgaange sinn! D'Konsequenz deemools wier gewiescht, datt mer entweder d'Pensioune gehéicht oder d'Cotisatione gesenkt hätten. Sou héich waren deemools d'Reserven, datt se iwwert de Plaffong, deen am Gesetz stoung, erausgaange sinn!

(Interruption)

Wat hunn d'Sozialisten an der Regierung gemaach? Se hu kee Frang bäigesat, mä d'Gesetz ëmgeännert an einfach de Plaffong no uewen ofgeschafft, fir datt d'Reserve konnten iwwert dee Plaffong vun 2,5-mol erausgoen.

Wann d'Sozialisten also gären deen 13. Mount - oder wéi Der et och ëmmer wëllt nennen, mä „13. Mount“ kléngt besser - aféiere wëllen, dann hätte se dat scho kënne viru 15 Joer maachen, an d'Leit aus dem Privat-secteur hätten et da scho 15-mol geholl, wa se et kritt hätten.

(Interruptions)

Mä 15-mol hutt Der et net gemaach, an elo, wou Der an der Oppositioun sidd, maacht Der et dann op eemol aus populisteschen Iwwerleeungen.

Plusieurs voix.- Oh, Oh!

(Interruptions diverses)

Une voix.- Do laacht souguer d'Majoritéit!

M. Lucien Weiler (CSV).- Dat do ass eng Stee tëschent dem Här Gibéryen an dem Här Krecké!

Une voix.- Den Här Krecké ass sprachlos!

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Oh, do muss awer e bëssche méi kommen!

M. Gast Gibéryen (ADR).- Ech soen lech éierlech, Här Krecké: Et ass och ëmmer besser, wann een d'Wourecht mam laachende Mond hëllt, da fällt et net sou schwéier!

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Ech gestinn lech eng gewësse Kompetenz am Populismus zou, dat ass wouer!

M. Gast Gibéryen (ADR).- Den OGB-L an den LCGB hunn elo déi lescht Deeg, sou wéi d'Leit duerch d'Land Chrëschtbeemercher opgeriicht hunn, Plakater opgeriicht, wou ee versicht huet, deen aneren ze iwwer-trompen. Alles versicht elo, op en Zuch eropze-springen, wou se während 15 Joer Steng op d'Schinne getässelt hunn. Se wëllen elo kuerz virum Zil mat op deen Zuch eropspringen, fir dann, wa sollt eppes d'nächst Joer erauskommen, kënnen ze soen: Dat ware mir, well mir hunn elo dee richtegen Damp an d'Lokomotiv erabruecht.

Dofir waarde mir gespaant op d'Ronndeschgespréich, wou de Statsminister ugekënnegt huet beim Etat de la nation den 10. Mee 2000: „Ech proposéieren, datt d'Partei sech ëm e groussen - et brauch kee sou e groussen ze sinn, mä et muss een Dësch sinn, wou mer ronn zesumme sëtzen - Dësch setzen an e partiwwergräifende Rentekonsens siche sollen.“

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn elo eng Etüd kritt vum BIT, déi zwee éischt Voleten dovun. Ausganks Dezember oder Ufanks Januar soll dann deen drëttes Volet kommen, wou mer dann och déi Propositionen virgeluegt kréien, déi vun alle Gewerkschaften a Parteien an deene leschte Méint a Jore gemaach gi sinn, wou da gekuckt gëtt, wat déi iwwer eng länger Zäit wäerte kaschten.

M. Lucien Weiler (CSV).- Schwätzt emol zum Budget, dat do kënnt Der d'nächst Woch beim Ajustement alles soen!

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Do kënnt dat erëm.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Do kënnt et ajustéiert erëm!

M. Gast Gibéryen (ADR).- Här President, Gott sei Dank ass et net den Här Weiler, deen hei decidéiert, wat an der Chamber dierf gesot ginn. Dat wär nach méi schéin, wann d'CSV och elo nach der Opposition géif virschreiwen, wat se dierf soen a wat se net dierf soen.

M. Lucien Weiler (CSV).- Mir hunn awer en Ordre du jour!

M. Gast Gibéryen (ADR).- Gott sei Dank si mer nach net sou wäit. Dat hei gehéiert zum Budget, an iwwrengens, wann ech mech net ieren, hu meng Virriedner souwuel vun der CSV wéi vun der DP och iwwert d'Rente geschwat.

(Interruptions)

Ech verstinn dofir net, wou Dir lech hei dee Lapsus konnt erlaben, fir net zum Budget virdrun hei ze schwätzen!

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Den Här Weiler huet den Anschluss verpasst, fir iwwert d'Renten ze schwätzen.

M. Lucien Weiler (CSV).- Dach, ech hat et gemaach: Dir waart net hei.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Zu deem Rentendossier huet och de Rapporteur geschwat. Wann elo op eemol gesot gëtt op Grond vun deenen Etüden: „De Ruff no ëmmer méi“, dann zitieren ech elo aus deem groussen awer fir mech flaache Rapport vum Rapporteur:

„De Ruff no ëmmer méi sozialen Déngschtleeschunge kann net als en Uerder un de Stat verstane ginn, d'Bierger aus der Verantwortung ze entloossen. D'Politik muss de Courage opbréngen, fir nees Wäerter wéi individuell Verantwortungsbewosstsäin an Ausübung vu Flichten ze propagieren. Sécher, déi momentan Situatioun vun eise Pensiouns- a Krankekeese géif kuerzfristeg finanziell Verbesserung méiglech maachen. D'Fro, ob dat verantwortlech vis-à-vis vun der Zukunft an am Sënn vun der Nohaltegkeet ass, muss awer an deem Kontext kënne gestallt ginn.“

Huele mer als Beispill eise Pensiounssystem: Enn 1999 hunn déi legal Reserven 3,68 Milliarden Euro bedroen. Dat waren 2,64-mol d'Mindestreserven. Do läit d'Versuchung no, fir strukturell Verbesserung virzehuelen, an dach muss een, besonnesch um Niveau vun eise Pensiounssystem, laangfristeg denken.“

An da kënnt nach ee Saz - wann ee vum ADR dat géif soen, da géif gesot ginn, mir wiere Rassisten -: „An der ganzer Diskussioun dierfe mer och net vergiessen, datt och ëmmer méi Pensiounen an d'Ausland transféiert ginn.“

Ass dat eng Ursaach, fir keng Pensiounsaugmentation hei am Land am Privatsektor ze maachen, wa mer net dierfe vergiessen, datt ëmmer méi Pensiounen an d'Ausland iwwerwise ginn? Ech hu mer dee Saz do emol an d'Archive geluegt, well et ass een, deen ee wahrscheinlech nach dacks kann ervirhuelen.

Da muss ech d'Fro stellen un de Rapporteur - an ech hat gemengt, hie géif dat do soen -: Wou ass d'Etüd da vum BIT oder vu soss engem iwwert d'Pensiounen an der Fonction publique? Sou vill wéi ech weess, ass am Regierungsrot festgehale ginn, datt eng Etüd iwwert d'Pensiounen géif gemaach ginn am Privatsektor an am öffentleche Sektor. De Minister vun der Sécurité sociale huet déi beim BIT gemaach. Ech hu viru fënnef Wochen an der Kommissioun vun der Fonction publique gefrot, wou déi Etüd dru wier, déi de Minister vun der Fonction publique gefrot huet.

Dunn huet jiddfereen op de Plaffong gekuckt an et konnt keen eppes äntweren.

Mir verlaangen, Här President, an enger Motioun, datt d'Regierung soll beim BIT eng Etüd iwwer d'Pensiouns-wiesen an der Fonction publique an Optrag ginn no deeneselwechte Kritäre wéi beim Privatsecteur, datt se och vergläichbar sinn. Et soll och do gekuckt ginn, wat d'Pensioun gëife kaschte mat deene Verbesserungen iwwert déi nächst 20, 30, 40 Joer.

Déi laangfristeg Ofsécherung, dat kann dach net nëmmen, Här Rapporteur, Dir Dammen an Dir Häre vun der Majoritéit, fir de Privatsecteur zielen! Dir kënnt dach net do, wou déi kleng Pensioun bezuelt ginn, wou 150 Milliarde Reserven do sinn, 50 Joer am Viraus rechnen a soen: Mir kënnen näischt maachen! An do, wou d'Pensiounen déck sinn, wou keng Reserve sinn, wou et all Joers aus dem Statsbudget erausgeet, do ginn iwwerhaapt keng Berechnungen an Etüden opgestallt. Kommt mer maachen do och direkt déiselwecht Etüd! Se ass séier gemaach, ass eis gesot ginn. Vu datt do alles mat Carrière geet, wier dat eng Affär vun engem Mount, dann hätt een déiselwecht Etüd, wéi mer se elo fir de Privatsecteur hunn, fir d'Fonction publique.

Op jidde Fall, wa mir op e Rentendesch ginn - a mir si bereet, dohi mat ze goen, fir iwwert d'Léisung vun der Renteproblematik ze schwätzen -, ass dat do fir eis eng Viraussetzung. Eng Viraussetzung, datt net nëmmen eng Etüd iwwert de Privatsecteur gemaach gëtt, mä och iwwert d'Fonction publique, genau sou laangfristeg wéi fir de Privatsecteur. Da wäert Der gesinn, da gi mer eis an den Argumentatiounen vill méi séier eens.

Mir verlaangen, Här President, datt also, wéi gesot, och eng Etüd iwwert d'Fonction publique gemaach gëtt. Mir verlaangen an enger anerer Motioun, d'Aféierung vun der Mindestpensioun an der Héicht vum qualifizéierte Mindestloun. Mir verlaangen och eng strukturell Augmentatioun vu 7 % an eng Erhéijung vun der Kannererzéiungszoulag. Ech ginn d'nächst Woch am Kader vun den Ajustementen méi am Detail op déi do Froen an, fir lech den Owend zu spéider Stonn net zevill laang domat opzehalen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wa mer all déi dote Fuerderungen duerchgezunn hunn, da si mer nach net bei der Rentegerechtegkeet ukomm, mä dann hu mer e wesentleche Schrack a Richtung Rentegerechtegkeet gemaach. Rentegerechtegkeet ass eréischt Realitéit, wa jiddfereen hei am Land déiselwecht Cotisatioun bezilt an op Grond vun därselwechter Cotisatioun och déiselwecht Leeschtunge bezuelt kritt.

Dann, Här Weiler, eriwweegt sech dat, wann een déi Mindestpensioun aféiert, wéi mir se hei proposéieren,

dann hunn déi kleng Leit méi vun enger Augmentatioun wéi och en Direkter mat 7 % bei enger Pensioun vun 125.000 Frang ...

(Interruption)

... da kréien déi Kleng méi wéi 7 % ...

M. Lucien Clement (CSV).- Här Gibéryen, Dir sot elo eng Mindestrent an der Héicht vum Mindestloun. Wat maacht Der mat deene Leit, déi fir 20 % iwwert de Mindestloun schaffe ginn an ëmmer cotiséieren? Weivill Pensioun proposéiert Der da fir déi? Déiselwecht? Well dat gëtt nämlech manner!

M. Gast Gibéryen (ADR).- Neen, Neen!

M. Lucien Clement (CSV).- Dach! Wann Dir mat 20 % iwwert de Mindestloun schaffe gitt, da kritt Der manner Pensioun wéi ...

M. Gast Gibéryen (ADR).- Neen, Neen! An eisem System net.

M. Lucien Clement (CSV).- Da rechent et emoll! Loosse mer och nach soe mat 15 %!

M. Gast Gibéryen (ADR).- Dir kënnt egal wat fir ee Prozentsaz huelen, et kritt kee manner.

M. Lucien Clement (CSV).- Et kritt kee souvill Pensioun wéi en abezilt!

M. Gast Gibéryen (ADR).- Mir hunn eng Proposition mat Spezialisten aus dem Rentewiesen ausgeschafft an déi hunn all déi Rechemodeller duerchgekuckt. Et kritt kee manner. Och een, dee liicht iwwert de Mindestloun verdéngt, kritt an eiser Proposition ...

M. Lucien Clement (CSV).- Ma Dir hutt elo just gesot, d'Pensioun solle si wéi een abezilt.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Här President, ech wier sou frou, wann ech eng Kéier der Chamber hei kéint eis ganz Rentepropositionen virdroen.

Ech muss lech soen, ech hu viru 7 Joer eng Interpellatioun ugefrot, an déi huet déi lescht Regierung iwwerlieft. Se ass net hei zur Diskussioun komm. Elo si mer schonn erëm anerkennend Joer an där neier Regierung an och déi nei Majoritéit refuséiert, fir meng Interpellatioun op den Dësch ze bréngen. Do kéinte mir dann eis Propositionen, wéi mir eis virstellen dass d'Rentewiese soll funktionéieren, an allen Detailer virbréngen.

Mä si refuséieren dat elo scho 7 Joer laang! Et ass am Fong en elementaart Recht an engem demokratesche Stat, datt en Deputéierte kann eng Regierung interpelléieren. Hei zu Lëtzebuerg ass dat net de Fall!

(Interruption)

Ech kréien hei vun der viregter a vun dëser Majoritéit elo scho während 7 Joer refuséiert, fir an enger Stonn hei dem Parlament eis Proposition a Form vun enger Interpellatioun duerzeleeën.

(Interruption)

Dofir, Dir Häre vun der Majoritéit, wann Der esou Tëscheriff maacht, schwätzt emol, Här Clement, mam Här Weiler, hie steet nieft lech. Wann hien an der Conférence des Présidents seet, hie wär d'accord - an den Här Rippinger schléisst sech souwisou ëmmer dem Här Weiler un -, dann hu mer eng Majoritéit, fir déi Interpellatioun hei op den Ordre du jour ze setzen. Da kënne mer dat do an allen Detailer klären.

M. Lucien Weiler (CSV).- Sot mer nach, wéi et mat deene Leit ass, déi keng voll Carrière hunn, déi 10, 15 an 20 Joer cotiséiert hunn! Wat kréien déi?

M. Gast Gibéryen (ADR).- Här President, den Här Weiler stellt ëmmer déiselwecht Froen.

Plusieurs voix.- Mä Dir gitt ni eng Äntwert!

M. le Président.- Mir hunn elo gläich halwer 7 an d'Zäit leeft eis fort! Hei geet et zou wéi an enger Wirtschaft beim Comptoir: deen ee jäizt dëst, deen aneren dat. Dat ass dach keng seriös Diskussioun!

Den Här Gibéryen huet d'Wuert. Loosst hie seng Saach explizéieren! D'nächst Woch hu mer eng Rentendiskussioun, dann huet hien eng Stonn Zäit, da kann hien och iwwert d'Rente schwätzen. Déi Tëschebemierkunge bréngen näischt, se zéien d'Saach just an d'Längt. Et gëtt him d'Freed, lech all Kéiers ze konteren.

(Hilarité)

Dat huet wierklech kee Sënn dat do! Lauschtert elo no a loosst den Här Gibéryen schwätzen! Här Gibéryen, fuert virun!

M. Gast Gibéryen (ADR).- Här President, ech kann lech nëmmen zoustëmmen.

En anere Punkt, deen de Rapporteur vill ze vill flaach ugaangen ass, dat ass d'Relatioun tëschtent räich an aarm an deem Stat. Dat ass esou flaach eriwwekkomm, datt et een traureg stëmmt. Ech hat gemengt, och en demokrateschen Deputéierte kéint de Courage hunn, fir déi Chifferen ze nennen. Wa mer d'Entwécklung vun de Leit huelen, déi hei am Land den RMG bezéien, da waren dat 1993 4.432 Stéit an dat sinn 1999 5.631 Stéit oder 8.810 Leit. Dat ass eng Progressioun vu 25 % tëschtent 1993 an 1999.

Beim Chômage gëtt einfach gesot: De Chômage ass méi niddreg. Dat ass falsch! Dat ass eng intellektuell Onéierlechkeet, wann ee behaupt, de Chômage hei zu Lëtzebuerg wier méi niddreg, an et rechent een déi Leit, déi a Beschäftigungsmoossname sinn, net derbäi. Et ass richtig, datt mer 4.895 Leit ageschriwwen hunn als Demandeurs d'emploi, mä genausou richtig ass et, datt mer der am Abléck och 1.994 hunn, déi an enger Beschäftigungsmoossnam sinn. Dat sinn och Demandeurs d'emploi, well dat si Leit, déi hunn e Vetrag op

Zäit beim Stat, enger Gemeng oder enger A.s.b.l., deen no enger bestëmmter Zäit ofleeft. Déi hunn och keng fest Plaz a si kréien och nach e Loun, deen um Niveau vum Mindestloun ass.

Mir hunn also net 4.895 Chômeuren hei am Land, mä mir hunn der 6.889, an dat sinn der genausou vill wéi mer der virun e puer Joer haten. Also ass de Chômage net erof gaangen.

En anere Punkt, wa mer vu räich an aarm schwätzen, ...

(Interruption)

Här President, den Här Clement ass schonn erëm amgaangen, mech ze provozéieren.

(Interruptions)

M. le Président.- Loosst lech net provozéieren a fuert virun!

M. Gast Gibéryen (ADR).- ... dat ass de Mindestloun. 1988 hunn hei am Land vun 154.000 Beschäftegten 12,5 %, also 19.200 Leit, de Mindestloun bezunn. Dat ass all Joer geklommen, an 1999 si mer souwuel an de Prozenter wéi an de Chifferen an d'Luucht gaangen, a vun deenen 228.000 Salariéen, déi mer 1999 hei am Land haten, hate 16,8 % de Mindestloun, oder 28.374 Leit. Et ass also bal eng Verduebelung oder 80 % méi Mindestlounbezéier an engem Zäitraum vun 10 Joer. Soudatt mer gesinn, datt am Privatsektor ëmmer méi Leit, déi nei agefallt ginn - a mir schafe jo vill nei Plazen -, an der ënneschter Struktur vun de Léin aklasséiert ginn.

D'Chifferen iwwer Drogen, d'Chifferen iwwer Selbstmorder: Wann ech dann de Rapporteur kucken, wéi deen all déi Themen do a sengem Rapport iwwerflunn huet, dann huet dat sech esou unhéieren: „Den Drogekonsum ass steigend. Dat muss dach eng Ursaach hunn. De Phenomeen vun der Aarmutt gëtt et och am räiche Lëtzebuerg. Den Taux de suicide ass héich, vill ze héich. D'Liewensqualitéit léisst a verschidene Géigende vum Land ze wënschen iwwreg. Den héije Konsum vun Droge mécht eis Suerge.“

Ass dat d'Visioun, wéi mer aus all deene Problemer eraus kommen? Wou sinn d'Äntwerte vun der Regierung op déi Froen? Wou sinn d'Äntwerten op déi Fleegebetter, déi hei am Land feelen? Keen Thema méi, obschonns d'Waardezäiten nach ëmmer déiselwecht sinn, obschonns d'Zäit, déi et dauert bis déi betreffend Persoun évaluéiert gëtt, nach net méi kuerz ginn ass a vill Leit schonns dout sinn, ier se konnten évaluéiert ginn. Mat Ausnahm, datt eng zousätzlech Equipe bei där Missioun bäikomm ass, ass näischt geschitt.

Am DP-Walprogramm stoung: „In diesem Zusammenhang sind die langen Wartelisten und Wartezeiten für die Aufnahme in eine Altenwohnung, einem Alten- oder Pflegeheim, die viele Menschen dazu zwingen,

entsprechende Einrichtungen im Ausland aufzusuchen, ein unzumutbares Übel. Wir werden den Mangel an Pflegebetten kurzfristig beheben.“

Annerhalleft Joer ass d'Demokratesch Partei elo an der Regierung an et huet nach kee vun hinnen heibannen ee Wuert driwwer verluer, wou dann elo nei Fleegebetter am Land sollen hikommen.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Et ass och keent bäikomm!

(Interruptions)

M. Gast Gibéryen (ADR).- An dann d'Kriminalitéit; wann ee sech drun erënnert, wéi d'Presidentin vun der Demokratescher Partei virun de Walen an der Televisioun op d'Tréinendrüs gedréckt huet, fir de Leit ze soen, datt se net méi sollen owes erausgoen, well d'Kriminalitéit sou héich wier. An elo zënter d'Demokratesch Partei an der Regierung ass, héiert ee kee Wuert méi iwwert d'Kriminalitéit. Alles schéngt hei a Botter ze sinn...

(Interruption)

...an dobäi ass d'Kriminalitéit nach ni sou héich gewiescht wéi am Moment.

(Interruption)

Dat Eenzezt, wat geännert huet, ass, datt d'Demokratesch Partei dee Mond, dee se spatz gemaach huet, elo net kann huele fir ze päifen.

En anere Problem, deen ech nach wollt uschneiden, Här President, dat sinn d'Gemegefinanzen. Am Statsbudget hu mer eng Steigerung vun 12,76 % an den Undeel vun der Steigerung fir d'Gemege läit tëscht 8 an 9 %. Dobäi wësse mer, datt dat net fir all d'Gemengen d'selwecht ass, well an där Steigerung ginn och nach d'Subventiounen fir d'Gemege mat berücksichtegt. Dat heescht also, dass déi Gemengen, déi net Investitiounen an eng gewësse Richtung maachen, wou subventionéiert gëtt, och nach ënnert deem Taux vun 8 respektiv 9 % leien.

D'Gemengeschild klëmmt permanent, wa mer d'Gemengen zesumme kucken, an d'Statsschild - dat hu mer virdru gesot - bleift konstant a geet souguer a 7 Joer op Null zrëck. De Stat huet zënter 3 Joer keng Emprunte gemaach. Mir hunn héich Fong beim Stat vun iwwer 50 Milliarde fir Projeten, déi scho gestëmmt sinn an da kënnen oder wäerte realiséiert ginn. Mä déi wéinegst Gemengen hei am Land kënnen Fongen uleeën, fir spéider Projeten ze realiséieren. Mir hu souguer beim Stat e Fong fir d'Emprunten.

Ëmmer méi zousätzlech Belaaschtungen kommen op d'Gemengen duer. Ech denken do un d'Ofschafe vun der Gewerkekaptalsteier, nei Dépensen am Zesummenhang mam Précoce, elo och am Pompjeeswiesen, wou anscheinend - an de President vun der Pompjees-

federatioun ass heibannen - erëm Saache manner subventionéiert ginn, déi an der Vergaangenheet ëmmer subventionéiert gi sinn, déi awer d'Corpse brauchen, fir d'Sécherheet vun de Bierger ze garantéieren. Déi kommen dann awer erëm zu 100 % zu Laaschte vun de Gemengen.

M. Nicolas Strotz (CSV).- Dat si Peanuts, déi do op d'Gemengen duerkommen.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Ech géif soen, Här Konter, sot dat do emol eng Kéier um Kongress...

(Interruptions)

...vun der Pompjeesfederatioun.

(Interruptions)

Här Strotz, entschëllegt! Hat ech en aneren Numm gesot?

Här Strotz, sot dat eng Kéier um Kongress vun der Pompjeesfederatioun, datt dat Peanuts sinn, da wäert Der gesinn, wat Der do geäntwert kritt! D'Meenung vun de Pompjeescorpse ass ganz anescht. Mir schwätzen hei net vu Peanuts, mä dat si ganz déck Zommen, déi d'Gemengen an Zukunft mussen iwwerhuelen.

D'Absicht, d'Gewerbesteier ofzeschaffen, ouni konkret ze soen, wéi se ersat gëtt, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat beonrouegt d'Gemege queesch duerch d'Land, well och eng Gemeng muss, wa se Engagementer huet, laangfristeg denken, se muss hir Emprunte kënnen iwwer 15 respektiv 20 Joer zrëckbezuelen a se muss dofir och Garantien hunn, datt se déi néideg Recetten huet.

Et ass nun emol esou, datt am Géigesaz zu sengem Virgänger - wat e Minister war, dee sech fir d'Gemengen agesat huet -, deen heitegen Innenminister an de Statsminister net déi richteg kommunalpolitesch Oder hunn, a mengen, d'Gemege géifen Dommheete mat deem Geld maachen an dofir d'Gemengen ëmmer méi un der kuerzer Léngt halen.

Virun 3 Wochen zu Miersch op der ausseruerdentlecher Generalversammlung vum Syvicol, dem Gemegeverband, waren d'Gemengen alleguer - et waren der 108 vun 118 do - staark beonrouegt iwwert déi Evolutioun, déi do amgaangen ass, an de Comité vum Syvicol huet der ausseruerdentlecher Generalversammlung eng Resolutioun proposéiert, wou se dra verlaangt huet, datt d'Gewerbesteier net dierft ofgeschafft ginn an, wa se awer misst ofgeschafft ginn, datt se dann awer integral misst kompenséiert ginn an datt och an Zukunft eng Progressioun vun där Zomm do misst garantéiert ginn.

Als zweete Punkt hu se och gesot, datt an Zukunft - an dat ass wichteg fir den Här Budgetsminister - d'Recettë vun de Gemege misste genau déiselwecht

Evolutioun hu wéi d'Statsrecetten. Ech hunn lech elo grad gesot, datt d'Gemengerecetten dëst Joer nëmmen 8 % eropginn, woubäi d'Statsrecetten ëm 12,7 % eropgaange sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Resolutioun ass op där ausseruerdentlecher Generalversammlung eestëmmeg ugeholl ginn. An deem Comité wéi och an der Assemblée générale sëtze Leit vun alle Parteien!

Well do eng Resolutioun ugeholl ginn ass, déi sou massiv vun de Gemengen ënnerstëtzt ginn ass, hunn ech mer erlaabt, déi Resolutioun vun der Generalversammlung vum Syvicol hei a Form vun enger Motioun virzeleeën, fir datt och hei dee massiven Drock an déi Ënnerstëtzung, déi sämtlech Parteien do op der Generalversammlung manifestéiert hunn, nach eng Kéier kënnen an der Chamber zum Ausdrock kommen.

Ech hunn och, Här President, nëmmen eng Ënnerschrëft drënner gesat, fir datt genau wéi zu Miersch och hei ka vun all Parteien een Deputéierten - wa méiglech ee vun deenen, déi zu Miersch mat fir déi Resolutioun gestëmmt hunn - déi Motioun ënnerschreiwen. Ech ka mer net virstellen, dass een heibannen ass, dee géif géint déi Resolutioun stëmmen, déi zu Miersch, wéi gesot, mat enger absoluter honnertprozenteger Majoritéit ugeholl gouf.

(Interruptions)

Et ass dat wichteg a richtungsweisend fir d'Gemengen, fir datt se kënnen berouegt an d'Zukunft kucken an datt hir Finanzsituatioun och iwwer länger Zäit an Uerdnung bleift.

(Interruptions)

Een anere Problem, deen ech ofschléissend wëll uschneiden, ass de Mëttelstand. Mäi Kollege Roby Mehlen wäert am Kader vun dëser Debatt nach méi intensiv, wat de Mëttelstand, d'Landwirtschaft an de Wäibau ugeet, eis Meenung virdroen.

Allgemeng ass an deenen 18 éischte Méint näischt geschitt, wat de Mëttelstand ubelaangt. Au contraire, duerch den Accord salarial an der Fonction publique, wou bal eng Augmentatioun vu 6 % iwwer 2 Joer geschitt ass, ass vun der neier Regierung en Zeeche gesat ginn, dat dem Mëttelstand wäert ze schafe maachen. Éischtens wäerten d'Gewerkschaften aus dem Privatsektor mat Recht déiselwecht Forderungen am Privatsektor akloen, an zweetens gëtt d'Konkurrenz, wat d'Salariat ubelaangt, fir de Mëttelstand méi grouss, well jonk Leit léiwer bei de Stat a bei d'Gemengen op sécher a gutt rémunéiert Plaze schaffe gi wéi bei de Mëttelstand, vum Sech-établéieren emol guer net ze schwätzen.

Den ADR war déi eenzeg Partei, déi de Courage hat, bei der Debatt hei an der Chamber iwwert den Accord

salarial déi Problemer opzewerfen, an och déi eenzeg Partei, déi de Courage hat, fir géint dëst Gesetz ze stëmmen. D'Chambre des Métiers schreift an hirem Avis zum Statsbudget: „La Chambre des Métiers est très réservée quant à l'accord salarial trouvé dans le secteur public. Lesdits accords ne suivent ni le principe de modération salariale auquel les partenaires de la tripartite en 1988 avaient adhéré, ni le principe d'une politique salariale économiquement responsable et de ce fait vont sous divers égards dans la mauvaise direction. (...) La Chambre des Métiers déplore que le secteur public fidèle au principe de non comparabilité avec le secteur privé se lance dans une politique salariale allant à l'encontre de toute règle économique de base et supprimant tout lien entre salarié et productivité.“

Ech mengen, dat si ganz kloer Wierder an et ass ëmsou méi wichteg, datt dat do vun der Chambre des Métiers hei geschriwwen gëtt, wann ee weess, wat d'Demokratesch Partei nom éischte Joer, wou se an der Regierung war, op hirer Journée parlementaire op der Pressekonferenz gesot huet, nodeem se gefrot gi war, wat hiert gréisstent Resultat wier: Si hunn den Accord salarial als dat gréisst Resultat vun hirem éischte Joer dohinner gestallt.

Et ass wichteg, datt de Mëttelstand, dee jo ëmmer gemengt huet, d'Demokratesch Partei wier déi Partei, déi si géif verrieden, hei gesäit, wéi kläglech hei d'Demokratesch Partei an dem éischte Joer de Mëttelstand net nëmmen net vertratt huet, mä him och staark geschuet huet duerch déi Politik, déi si gemaach huet.

An dann, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ass et en Hohn, wann dann de Rapporteur och nach higeet, an an engem Interview Lounmoderatioun am Privatsektor priedegt an dann och nach als Argument hält...

(Interruption)

Gitt emol op de Radio an da frot Der, wéivill datt Der ugeruff hunn!

M. Gusty Graas (DP), rapporteur.- Liest mir deen Interview vir! Huel en eraus a liest en!

M. Gast Gibéryen (ADR).- Ech hunn en elo net bei mir, da kritt Der e muer! Dat ass awer kee Problem. Den Här Krecké kéint mer en och ginn, seet hien.

M. Gusty Graas (DP), rapporteur.- Jo, neen! Do steet net dat dran, wat virdru gesot ginn ass!

M. Gast Gibéryen (ADR).- Den Här Lux wäert lech op jidde Fall...

M. Gusty Graas (DP), rapporteur.- Ech wéisst gär, wou dat Wuert „moderat“ benotzt gi wär! Liest mer et vir!

M. Gast Gibéryen (ADR).- Dir hutt gesot, et géif jo schliesslech eng Indextranche a Steuerermässeung ginn. Dat war e ganz staarkt Stéck!

Ech froen, Här President, den Här Rapporteur zréck - e muss mer zwar elo net äntweren -, ob déi Indextranche an déi Steuerermässeung fir d'Fonction publique vläicht net sinn, ...

(Hilarité)

... well do si jo awer 6 % iwwer 2 Joer bäigesat gi bei gudde Gehälter. An da kritt de Privatsektor gesot: Elo musst Der lues trëppelen; Dir kritt jo schliesslech eng Steuererlichterung an eng Indextranche! Dat ass e staarkt Stéck an e Schlag an d'Gesicht vun all Salaré aus dem Privatsektor, wat d'Demokratesch Partei sech do erlaabt huet. Dat wäerte mir schonn ënnert d'Leit bréngen, well dat do ass wierklech dat stäerkste Stéck, dat zënter laangem ee sech hei erlaabt huet.

Dat ass d'Leit wierklech fir domm verkaaft, wann ech fir d'éischt an der Fonction publique higinn an ech geheien do d'Geld deenen décke Gehälter no, an da ginn ech an de Privatsektor soen: Elo trëppelt Der lues, Dir kritt jo eng Steuererlichterung an eng Indextranche, wéi wann déi fir déi aner Sait net gewiescht wier. An eng Indextranche bei engem Gehalt vun 250.000 Frang mécht vill méi aus wéi eng Indextranche bei engem Gehalt vun engem Mindestloun.

An dann, Här President, wollt ech och nach eng Fro stellen un d'Majoritéit an un de Rapporteur: An de Budgetsamendementen, déi mer d'lescht Woch virgeluegt kruten, si 25 Artikelen dran. Vun deene 25 Artikel sinn der 19, déi d'Carriären, d'Léin an d'Primmen an der Fonction publique betreffen.

(Interruptions)

Do froen ech: Wat ass do éischtens d'Prozedur? Ass dat d'Prozedur vun den Amendementen, fir eng verkappten zousätzlech Gehälterreform an der Fonction publique ze maachen? Wou ass do gerechent ginn? Wat ass do moderat? Wou sinn do d'Argumenter vum Index a vun der Steuerreform?

(Interruption)

Ech wëll dem Här Graas soen, Här President: Et geet net, datt een dem Privatsektor permanent seet: Dir musst lues trëppelen, Dir kritt keng Rentenerhéijung, Dir musst lues maache mat de Lounaugmentatiounen wéinst dem Index an de Steieren, an op där anerer Sait gi Lounaccorde vu 6 % während 2 Joer gemaach, an iwwert d'Budgetsamendementen gëtt eng zousätzlech Rallonge nogeschmuggelt, wat kee legislative Wee ass, déi bei keng Chambre professionnelle geet, déi ënner Ausschuss vun der Öffentlechkeet debatéiert gëtt. Am Rapport gëtt keen eenzege Chiffer gefouert, wat dat Ganzt kascht, mä et gëtt einfach bezuelt, wann et duerchgeet beim Statsrot. Dat ass e

Skandal an dat muss d'Demokratesch Partei sech soe loossen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kéint nach laang viru fuere mat deenen Argumentatiounen, mä vu datt et zu spéider Stonn ass an nach verschidde Kollege vu menger Fraktioun wäerten an dës Debatt agräifen, wëll ech heimat schléissen a merci soen, datt nach eng Partie Kollegen awer nach sou laang hei standhaft bliwwen sinn.

(Interruption)

Ech verroden lech kee Geheimnis, wann ech lech elo nach eng Kéier soen, datt mir dësem Budget ënnert kengen Ëmstänn kënnen zoustëmmen.

Motion 1

La Chambre des Députés

- *prenant acte de la résolution adoptée à l'unanimité par les 108 communes membres du Syndicat des Villes et Communes Luxembourgeoises lors de son assemblée générale extraordinaire du 27 novembre 2000 à Mersch;*

- *gardant en mémoire la déclaration gouvernementale du 12 août 1999 disant vouloir abolir, en étroite concertation avec les communes, l'impôt commercial communal et que „cette abolition présuppose son remplacement par un autre mécanisme. Ce nouveau mécanisme d'imposition devrait garantir l'autonomie financière des communes“;*

- *notant que jusqu'alors le Gouvernement n'a avancé aucune proposition de substitution de l'impôt commercial à une autre forme d'imposition;*

- *consciente du fait que l'impôt commercial rentre intégralement dans le domaine de l'autonomie communale et que les communes sont habilitées à en réguler les taux d'imposition;*

- *consciente de l'importance de l'impôt commercial pour les communes dont il représente la moitié des revenus;*

- *se rappelant que, par un passé récent, les communes ont dû consentir à deux réductions successives de l'impôt commercial (abolition de l'impôt commercial sur le capital d'exploitation en 1996; relèvement de l'abattement en matière de bénéfice d'exploitation en 1998) et que les déchets qui en ont résulté n'ont été que partiellement compensés par l'Etat*

invite le Gouvernement

- *en ordre principal, à maintenir l'impôt commercial dans la forme actuelle;*

- en ordre subsidiaire, à garantir le remplacement de cet impôt par un mécanisme de substitution qui respecte la souveraineté communale et garantisse son apport actuel ainsi que son évolution dynamique.

(s.) Gast Gibéryen.

Motion 2

La Chambre des Députés

- prenant acte de la résolution adoptée à l'unanimité par les 108 communes membres du Syndicat des Villes et Communes Luxembourgeoises lors de son assemblée générale extraordinaire du 27 novembre 2000 à Mersch;

- convaincue de la nécessité de maintenir une évolution parallèle des recettes entre l'Etat et les communes par le biais du Fonds communal de dotation financière;

- consciente de l'importance de ce revenu pour les collectivités locales soucieuses d'offrir des prestations nombreuses et de choix à leurs administrés dont ils tirent, il faut le reconnaître, une légitime fierté

invite le Gouvernement

- à veiller à une adaptation continue du Fonds communal de dotation financière aux fluctuations annuelles des recettes fiscales de l'Etat pour que le secteur communal puisse rester en phase avec la société d'aujourd'hui, laquelle est en droit d'exiger, de la part de l'administration publique, des services de qualité au niveau local.

(s.) Gast Gibéryen.

Motion 3

La Chambre des Députés

- considérant que l'impôt sur le revenu des personnes physiques doit

- être simple et lisible pour le contribuable;
- être équitable;
- être non-discriminatoire quant au statut matrimonial du contribuable et quant à sa situation familiale;

- encourager l'effort individuel;

- être social;

- considérant que la législation actuelle répond imparfaitement à ces critères et que dès lors une réforme en profondeur de l'impôt sur le revenu s'impose

invite le Gouvernement

- à élaborer un projet de loi portant réforme de l'IRPP s'inspirant des données suivantes:

- adopter un barème d'impôt sur le revenu limité à trois tranches d'imposition

1^{re} tranche 0-600.000 flux imposée à 0 %

2^e tranche 600.001-1.200.000 flux imposée à 25 %

3^e tranche à partir de 1.200.001 flux imposée à 38 %

- supprimer la double imposition des époux au profit de l'imposition séparée;

- ne retenir qu'une seule classe d'impôt;

- abolir certains des abattements fiscaux et frais d'obtention tels que les frais de déplacement, l'abattement compensatoire salarié, abattement de retraite, abattement femme mariée et les remplacer par des crédits d'impôt équivalant à 20 % (taux d'imposition moyen estimé) du montant de l'abattement à abolir;

- les crédits d'impôts seront déduits du montant des impôts dus et en cas d'insuffisance d'impôts la différence sera payée au contribuable par l'Administration des Contributions.

(s.) Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Robert Mehlen.

M. le Président.- Léif Kolleegen, domat wiere mer um Enn vun eiser Sitzung vun haut ukomm. Déi nächst Sitzung ass muer a fänkt um 9 Auer un.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 18.50 heures)